# De Louis




## De Schierener Buet

No 28 • Mee 2009

De Schierener Buet

No 28 • Mee 2009

# Titelfoto

**Den Ensembel vun der Schierener Musek beim Galaconcert vum 18. Januar 2009, mat**

**der Dekoratioun vun dräi Meeschterwierker vun eisem Dekorateur Georges Petit.**

## Redaktioun an Zesummensetzung

Guy BERWICK, Mil GOERENS, Camille PLETSCHETTE

**Entworf vum Deckel**

Camille SCHAUL

**Fir d'Fotoen soe mir villmols Merci dem:**

Guy Berwick, Yves Erdel, Dan Roder, Camille Schaul, Josiane Gillen, Romain Kemp, Jos Lutgen, Maggy Meisch, Jos Nerancic, Camille Pletschette, Myriam Pletschette, Luc Schumacher, Garson Nico, Carlo Thill, Guy Wohl, dem Léierpersonal an de Veräiner.

**Drock**

Imprimerie EXE, Troisvierges

**Oplo**

650

**Präiss**

Eenzelnummer 4 €, Abonnement 12 €

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.

**e-mail: de.louis@gmx.net**

# An dëser Nummer

Réunions du Conseil communal. Séances du:
- 06.02.2009 ... 1
- 07.04.2009 ... 1

Neues Leben in Schieren ... 2
Eischt Meefeier 2009 ... 3
Nei Projeten an der Gemeng ... 4
Flouerbotz ... 5
Ee Bam fir di Neigebuere vun 2008 ... 10
SICONA (Weidepavillon) ... 11
Tennis ... 12
Musek ... 14
Football ... 18
Pompjeeën ... 19
Baseball ... 20
Fraen an Mammen ... 21
Neies aus der Par ... 23
Frënn 3ten Alter ... 28
Antenne collective ... 30
Turnveräin ... 31
Gesank ... 32
Jugend ... 34
D'Schoulklassen ... 35
Al Schoulklassen ... 42
Kulturkommissioun ... 45
Konveniat vum Joergang 1973-74 ... 46
Leserbréif ... 48

# GEMENGEROTSBERICHTER

## EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** ........ **06.02.2009**

**Présents:**

*M Jos LUTGEN, bourgmestre – M.Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

De Konsell gëtt säin Accord zu den neie Statute vum Offallsyndikat SIDEC. Nodeems d'Datume vun de fräien Nuechte fir 2009 festgehal goufen, stëmmt de Gemengerot den definitive Projet fir d'Maison Relais vu Schieren. Dëst Haus wäert spéider nit nëmmen d'Schoulkantin beherbergen, mais och nach Plaz hun fir den Accueil a weider ausserschoulechen Aktivitéiten. De Bedreiwer vun der Maison Relais as mat der Anne a.s.b.l. schonns definéiert, an all d'Aktivitéite funktionéiren no de Critèrë vun de konventionéierten Haiser a ganz Lëtzebuerg. De Projet ass ausgeluegt fir 100 Kanner a wäert laut Devis eng Dépense vun 2.645.214,65 € ausmaachen. Di staatlech Subventioune sinn natierlech nit heiranner agerechent. Mëttlerweil ass de Projet well ausgeschriwwen an d'Aarbechte kënne kuerzfristeg ulafen.

De Konsell gëtt schliisslech säin Accord zur Erweiderung vum Kollektivvertrag vun de Gemengenaarbechter

Le conseil approuve les nouveaux statuts du syndicat intercommunal pour la gestion des déchets (SIDEC). Après avoir arrêté les dates auxquelles des nuits blanches générales sont accordées le projet définitif à la construction d'une maison relais à Schieren fût approuvé. Le projet consiste en un restaurant scolaire arrondis par de multiples structures d'accueil et d'activités périscolaires. Avec l'Anne a.s.b.l. le gestionnaire avait déjà été choisi de sorte que la nouvelle maison relais fonctionnera selon les critères nationaux des maisons conventionnées et une centaine d'enfants y pourront être encadrés. Le devis final s'élève à 2.645.214,65 €, sans que les subventions étatiques ne soient déduites. Entre-temps les travaux ont été mis en adjudication et pourrant être mis en œuvre à court terme.

Un avenant au contrat collectif des ouvriers communaux est finalement approuvé.

---

## EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** ........ **07.04.2009**

**Présents:**

*M Jos LUTGEN, bourgmestre – M.Marc SCHMITZ, Mme Juliette KEMP-WEBER, échevins - MM. Jos ZEIMES, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Patrick ZANIER, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

Engem Lotissements-Projet zu Uewerschieren konnt de Konsell nach keng Suite ginn, well den Avis vun der staatlecher Kommissioun nach muss Punkt vir Punkt an den Ursprungs-Projet ëmgesat ginn.

Als eenzege Feldwee ass de Wee am Gapp fir en Entretien zréckbehal ginn. D'Konselljeeën C.Goncalves a P.Zanier an de Schäffe M.Schmitz ware géint dës Entscheedung.

Den Aktiounsprogramm vum Ëmweltsyndikat SICONA beinhalt Mesuren an Héicht vun 19.932,12 € a gouf vum Rot géint d'Stëmm vum Konselljee Patrick Zanier ugeholl.

Op Virschlag vum Léierpersonal a vun der Schoulkommissioun dréit eis Grondschoul zoukënfteg den offiziellen Numm „Schierener Schoul".

Well di Tax di d'Schierener Gemeng fir d'Locatioun vun de Festsäll ranzitt (130 €)bei wäitem nit duergeet fir d'Rechnungen (160 €) vum Botzen ze bezuelen, huet de Konsell sech Gedanken iwwer eng Majoratioun gemaach. Eng Rentabilitéits-Etude soll elo feststellen ob aner Solutiounen a Fro kommen.

Duerch d'Aféiere vum System vun dem chèque-service huet eis Hausaufgabenhëllef offiziell missen un di jeeweileg Tariffer ugepasst ginn. Bis op Weideres bleift dëse Service gratis.

De Gemengerot huet den Devis ugeholl fir sämtlech Mobiliar an der zoukënfteger Crèche. 200.000 € gin quasi integral vum Staat gedroen.

Zum Schluss vun der Sitzung ass en notariellen Tauschakt mat der Firma Willy Putz vu Schieren ënnerschriwwe ginn.

Le conseil communal a du reporter l'approbation d'un projet d'aménagement particulier à Oberschieren étant donné que le projet devra subir de modifications substantielles en fonction de l'avis de la commission étatique.

Le seul chemin rural à entretenir en 2009 sera le chemin « Am Gapp ». Cette propose n'a pas été soutenue par l'échevin M.Schmitz et par le conseiller C.Goncalves et P.Zanier.

Le programme d'action 2009 de mesures de sauvegarde de l'environnement dressé par le syndicat SICONA au montant de 19.932,12 € a été arrêté contre le vote du conseiller P.Zanier.


Sur proposition du corps enseignant et de la commission scolaire, l'école fondamentale de Schieren portera dorénavant le nom officiel de « Schierener Schoul ».


Attendu que le tarif à percevoir sur la location des salles communales (130 €) ne suffit pas à couvrir les frais de nettoyage facturés par entreprise, le conseil communal a délibéré d'une éventuelle majoration. Il a été retenu de lancer une étude de rentabilité afin de débiter de solutions plus favorables.

En principe, les leçons d'aide aux devoirs à domicile devraient être rémunérées suivant le barème en vigueur du système national des chèque-services. Le conseil décide de maintenir la gratuité du service offert par la commune.

Le devis relatif à la fourniture du Mobilier pour les besoins de la future crèche est approuvé au montant de 200.000 €, majoritairement à charge de la Trésorerie de l'Etat.

En fin de séance le conseil communal approuve un acte d'échange avec l'entreprise Willy Putz de Schieren.







---

Luxemburger Wort
Montag, den 4. Mai 2009

SERVICE & TI

CHRONIK: Vor 15 Jahren

## Neues Leben in Schieren

### Die Umgehungsstraße bringt große Umwälzungen mit sich



**Die Ortschaft** *hat ihre dörfliche Ruhe wiedergefunden.* (FOTO: MARC BOURKEL)

Das „Luxemburger Wort" vom 4. Mai 1994 berichtet aus dem Norden des Landes: „Der Bau der Umgehungsstraße Schieren hat es ermöglicht, die Ortsdurchfahrt in Schieren vom Durchgangsverkehr zu entlasten. Dort wo einst Auto an Auto aus Richtung Luxemburg nach Ettelbrück bzw. in die entgegengesetzte Richtung fuhr, dürfen zur Zeit nur Anrainer passieren.

Die Hauptdurchfahrt in Schieren wird nämlich derzeit instand gesetzt. Die einst rund sieben Meter breite Fahrbahn wird um rund einen Meter auf sechs Meter zurückgebaut (5,75 Meter ohne Regenrinne).

Entlang der Straße werden Standspuren entstehen. Die Kreuzungen im Ortskern werden verkehrsberuhigt angelegt, dies vor allem durch die Schaffung von vier Dorfplätzen, die die Hauptstraße zwar unterbrechen, über die der Verkehr aber rollen wird.

Auf den Plätzen werden Bäume und Hecken angepflanzt, rustikale Laternen errichtet, Bänke aufgestellt usw. Die Plätze sollen ebenfalls den Geschäftsleuten und Gaststättenbesitzern zugute kommen, die dadurch vor ihrer Tür Terrassen bzw. Verkaufsstände errichten können.

Diese Maßnahmen zielen vor allem darauf hin, die Lebensqualität in der Ortschaft zu steigern, die früher durch den täglichen Verkehrsfluß gewissermaßen in zwei geteilt war. Die Fußgänger sollen vor allem von den umfangreichen Infrastrukturarbeiten profitieren.

Zur Zeit laufen die Arbeiten an Los 1, die im Oktober 1993 in Angriff genommen wurden. In einer nächsten Phase werden die Arbeiten am Platz vor der Kirche realisiert. Diese Arbeiten müssen aber erst noch ausgeschrieben werden. Die Fertigstellung von Los 1 ist für Anfang 1995 geplant. Los 2 soll im Verlauf des Jahres 1996 abgeschlossen sein.

Während der aufwendigen Instandsetzung werden u. a. neue Wasser- und Gasleitungen verlegt. Die Kanalisation wird verstärkt, die Elektrizitäts- und Telephonleitungen werden ebenfalls überholt. Wie wir gestern bei der zuständigen Stelle der Straßenbauverwaltung in Erfahrung bringen konnten, will die ‚Ponts et Chaussées' in den kommenden zehn Jahren nämlich keine Genehmigung für Arbeiten am betroffenen Straßenabschnitt erteilen.

Die Kosten für das Los 1 belaufen sich auf rund 70 Mio. F, indes Los 2 noch einmal rund 30 Mio. F kosten wird." (MB)

# ÉISCHT MEEFEIER 2009



Wéi an deene vergaange Joren haten d´Veräiner sech och erëm dëst Joer fir 9:00 Auer rendez-vous ginn op der Grillplaz ënner Buchels fir hire Meekranz ze maachen.

Bei schéinem Wieder hate sech och dementspriechend vill Leit op der Grillplaz afonnt, dorënner waren och vill Kanner. Mat Zekateur, Telescopschéier, Wéckeldrot, Kranzformen a Fotoapparat équipéiert huet d´Juegd op dat schéinste Bichelaf agesat. Et gouf geschnidden an zesummegedroen, an d´Spezialisten hu sech gläich drugi fir d´Kränz ze bannen.

Nodeems d´Kränz gebonne waren haten eis Pompjeeën de Kaffi an d'warem Wirschtercher, dat si dëst Joer an hirem Bau präparéiert haten, op d'Plaz bruecht an et gouf zesumme Kaffi gedronk.









Um 11 Auer gong de Cortège vun der Huelschéck bei d'Gemeng an zréck bis op d'Vallisplaz a vun do zréck d'Steeënerstrooss rop bei d'Sportshal. Ënnerwee goufe Meekränz beim Restaurant Ierbesen a Muerten, der aler Gemeng, der Pizzeria beim Franca, dem Restaurant Super Star, bei der Gemeng a bei der Sportshal opgehaang.

Hei huet de Buergermeeschter Jos Lutgen allen Uwiesenden déi zum Erhale vun der Traditioun vun der 1.Meefeier bäigedroen hunn a ganz besonnesch dem Pompjeescorps an der Musek fir hir gutt Präsenz merci gesot, an huet op ee Patt an eng Gulaschzopp invitéiert, déi vun de Pomjeeën virun respektiv an hirem Garage zerwéiert ginn ass.

# NEI PROJETEN AN DER GEMENG

## *Léisung vun de Waasserproblemer duerch de Chantier „Neie Wee“*

Am Oktober 2008 huet d’Entreprise Jabepka vu Wäiswampech mat den Infrastruktur- an Amenagementsaarbechten an der rue « Neie Wee » ugefaang.

Dëst ass e wichtege Chantier dee mir onbedengt hu missten ugoën, well duerch de Neie Wee eis Haaptwaasserleitung leeft, di 2/3 vum Duerf mat Waasser versuergt. Dës Leitung war an engem ganz schlechten Zoustand, an huet missten sou séier wéi méiglech erneiert ginn.





Gläichzäiteg hu mir d’Méiglechkeet eng zweet Duerfaspeisung vum Waasserbasseng „Pleiter“ aus ze realiséieren. Well mir eis Drenkwaasserquellen an der Montée de Nommern nit méi a Betrib hunn gëtt de Waasserbasseng am „Neie Wee“ net méi gebraucht an ass ausser Betrib.

Déi al Förderleitung, di d’Quellewaasser bis 2004 op de Basseng „Pleiter“ gepompelt huet, gëtt elo als weider Duerfaspeisung genotzt. Dësen Ëmbau vun de Leitungen gëtt am Kader vum Chantier „Neie Wee“ realiséiert.

Bei den Aarbechten am Lotissement „In der Wieschen“ war schon 2006 eng zousätzlich Waasserleitung mat ageluecht ginn, fir der route de Luxembourg eng zweet Aspeisung ze ginn. Dës nei Leitung gëtt mat däer aler Wasserleitung beim Waasserbasseng am Neie Wee verbonnen.

Wann dës Aarbechte fäerdeg sinn, ass de Waasserproblem an der rte de Luxembourg zu Nidderschieren geléist.

D’Lotissement „In der Wieschen“ huet seng eege Waasserversuergung vum Basseng „Kraizbierg“. Dëst erméiglecht eis, d’Duerfnetz och duerch sou e grousse Projet, net zousätzlech ze belaaschten. Dës Léitung war schon 2006 am Kader vum Uschloss un de Waassersyndicat DEA matgeluecht ginn.

Gläichzäiteg kënne mir d’Montée de Nommern un dës Leitung uschléissen, an den Drockproblem an déser Strooss ass och geléist.





## *Den Chantier „Neie Wee“*

Di éischt 150 m sinn esou wäit fäerdeg. Kanal, Waasserleitung, Gaz, Antenne a Stroosseluuchten sinn erneiert ginn, woubäi d’Post hir Telefonskabelen an de Buedem verluecht huet. Bis haut waren d’Haiser an dëser Strooss nach ëmmer mat Telefonskabelen duerch d’Luut ugeschloss.

An der Cité St Blaise si Waasser, Gaz, Antenne an Telefonskabelen erneiert ginn.

Am Moment si mir um ieweschten Deel vum Neie Wee am gaang mat schaffen.

Mir ginn dervunner aus, dass mir fir den Summercongé mat den Aarbechten am „Neie Wee“ wäerten fäerdeg sinn.

Ech well op dëser Plaz vun der Geleegenheet profitéieren, d’ Wuert un all d’Awunner ze riichten. Wann ee gréissere Chantier usteet, kann et  zu Ännerungen vum alldeeglichen Oflaf kommen. Et kann ëmmer zu Situatiounen a Problemer kommen di nit virzegesi waren, a wann dëst emol den Fall ass, gëtt probéiert dëst esou schnell wéi méiglich ze behiewen. Mir maachen dat Allerbescht fir deene betraffene Leit esou vill wéi méiglich Informatiounen iwwert de Chantier ze liwweren an de Leit mat Rot an Dot zur Verfügung ze stoën. Ech soën dofir en grousse Merci fir Äert Versteesdemech.

## Chantier „rue Verte“

D’Aarbechten un den Infrastructuren an der „rue Verte“ sinn ofgeschloss. Mam Cegedeluschloss vum Lotissement „In der Wieschen“ un den Trafo an der rue Verte huet d’Gemeng vun der Geleegenheet profitéiert, fir an dëser Strooss Waasserleitung an Antenne ze erneieren an eng Gasleitung matzeleeën. Mir si frou dass vill Leit, der Demande fir e Gasuschloss nokomm sinn. Dëst war eng Bestätigung fir dës Aarbechten matmaachen ze loossen.

Mai 2009

Luc Schumacher



# FLOUERBOTZ 2009

Fir samschdes den 21. Mäerz hat d´Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Emwelt- a Weekommissioun zur Fréijorsbotz vun eise Spillplazen, Stroossen- a Weeränner obgeruff.

Rendez-vous war um 9:30 Auer beim Pompjeesbau.

Bei herrlichem Fréijorswieder haten sech alles an allem 45 Leit dëse moien puer Stonnen Zäit reserwéiert fir sech un der Flouerbotz ze bedeelegen, dorënner waren eng hallef Doze Kanner.

Vun de Schoulklassen, d´5. an d´6. Schouljoer waren op Wonsch vun der Emweltkommissioun duerch en Informatiounsblat vum Gemengesekretär invitéiert ginn, aus soziopedagogeschen Iwwerleeungen, ënnert der Responsabilitéit respektiv der Begleedung vun hiren Elteren deelzehuelen. Et war schlussendlech ausser dem Loris awer och nit een ugetrueden.

Ausserdeem hat eis Jugend, di an deene leschte Joeren ëmmer gutt vertruede war, dëst Joer de rendez-vous komplett verpasst.



No der Zoudeelung vun den Tier goufen d´Leit mam Mannschaftswon vun eise Pompjeeën op di jeweileg Ausgangspunkte gefouert. Mat deene néidege Plastikstute versuergt konnt d´Asammele vum Knascht, deen Emweltverschmotzer d´Joer iwwer, iwwerem Fueren zur Autosfënster rausgeschmass hunn. De Renner ware Red Bull Dousen, Marlboro Schachtelen, Béierfläschen an all méiglech Plastiksfläschen, mee och CDën, Casetten, eng nach gülteg Kreditkaart an Deeler vun engem Kanapee.

Géint der Mëtteg hu sech lues a lues di eenzel Gruppen nees beim Pompjeesbau afonnt. Hei haten eis Zoppekäch Ali a Fränk den Iertsebulli prëtt an den Honger konnt gestëllt ginn. No der obligater Gruppefoto gong  d´Flouerbotz 2009 bei engem Stéck Taart an enger Taass Kaffi zu Enn.



*Beim Iertsebulli,*



dem Kommandant huet d’Taart och gutt geschmaacht.





ALUSEAU A.S.B.L
ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE
DES SERVICES D'EAU

# Drenkwaasser zu Lëtzebuerg

**im Auftrag von Aluseau hat TNS-ILRES, zwischen Herbst 2006 und Frühjahr 2007, eine umfassende Studie über das Image und die Nutzung von Leitungswasser in Luxemburg durchgeführt. Im Oktober 2006 wurden in einer ersten Phase 6 Gesprächsgruppen mit jeweils einem Dutzend Teilnehmern über ihr Empfinden gegenüber Leitungswasser befragt. In einer zweiten Phase wurde dann im Februar und März 2007, in rund 1.000 Telefoninterviews, ein repräsentativer Querschnitt der Bevölkerung über 15 Jahren, befragt.**

## Hier die wichtigsten Resultate:


Wasser heißt Leben, es ist unersetzlich und notwendig, ohne Wasser ist kein Leben möglich. Wasser ist ein kostbarer Rohstoff der unserer Fürsorge bedarf und gegen Verschmutzung beschützt werden muss. Mit zunehmender Wasserverknappung wird es zum politischen Spielball, bis hin zum Auslöser für Kriege.

Frische, Reinheit, Sauberkeit, Schönheit, Lebenskraft, Wohlbefinden und Gesundheit sind die positiven Werte die von den Teilnehmern der Studie hervorgehoben wurden. Wasser verdient Respekt, dies ist noch allzu oft nicht der Fall und Vergeudung steht auf der Tagesordnung.


Gegenüber diesen Feststellungen allgemeiner Natur ist es interessant das Verhältnis der Bevölkerung zum Trinkwasser näher zu betrachten: Obwohl dem Wasser größten Wert beigemessen wird, kennt kaum jemand den Preis. Jeder wäscht oder spült sich die Zähne (-99%) mit Leitungswasser, benutzt es zum Kochen (97%), aber nur 27% trinken es täglich, 40% gelegentlich. Demgegenüber trinken rund 80% der Befragten stilles Mineralwasser, gegen 9% die nie Wasser aus der Flasche trinken. Geschmackstests, die während den Gruppengesprächen durchgeführt wurden, haben ergeben, dass der Geschmack von Leitungswasser weit weniger beliebt ist als der von Wasser aus der Flasche.

Neben diesem differenzierten Geschmacksurteil, wurde ein sehr unausgeglichener Vertrauenswert ermittelt: 2 von 3 Interviewten (64%) haben ein hohes, um nicht zu sagen blindes Vertrauen in Wasser aus der Flasche (nur 3% misstrauen ihm), bei Leitungswasser hingegen stehen 29% Vertrauen 30% Misstrauen gegenüber, in anderen Worten ist das Misstrauen gegenüber Trinkwasser aus der Leitung zehnmal höher als bei Trinkwasser aus der Flasche.

# Wassergenuss nach Ursprung



# Nutzung von Leitungswasser




Einige interessante Details: 44% der Luxemburger trinken Wasser aus der Leitung, aber nur 18% der ansässigen portugiesischen Bevölkerung. Bei den restlichen ausländischen Mitbewohnern liegt der Anteil bei 42%. Leitungswasser hat ein sehr unterschiedliches Image je nach Herkunftsland der Immigranten. Zwischen Frauen und Männern sind keine merklichen Differenzen hervor zu heben. Am wenigsten Leitungswasser wird in der Altersgruppe zwischen 25 und 50 Jahren getrunken. Der Konsum von Leitungswasser nimmt zu mit wachsendem Bildungsstand.

## Wie wird der Geschmack des im Haushalt verfügbaren Wassers beurteilt?

17% stufen es als es sehr gut bis hervorragend ein, für 42% ist es gut, 29% der Befragten finden es schlecht bis sehr schlecht. Diese Ergebnisse soll man in Zusammenhang mit den Trinkgewohnheiten sehen: wenn 7% aussagen, heute mehr Leitungswasser als in der Vergangenheit zu trinken, sagen 44% der Befragten sie würden weniger trinken, 52% geben an, ihre Gewohnheiten nicht geändert zu haben.

Weit auseinander reichen auch die Meinungen zu der Entwicklung der Wasserqualität: 20% sagen aus die Qualität habe sich verbessert, für 19% hingegen hat sie sich verschlechtert, für 48% hat sie sich nicht verändert, 13% haben keine Meinung.

Fragen rund um den Preis von Leitungswasser zeigen, dass es sich um ein komplexes Problem, *in einem sensiblen Umfeld* handelt. Zwei Drittel der Haushalte geben mehr als 20€ im Monat für Flaschenwasser aus (der Durchschnitt liegt bei 30 €). Mehr als die Hälfte der Bevölkerung hat keine Vorstellung vom Preis von Leitungswasser – nur jeder Fünfte kennt den korrekten Preis – 24% finden ihn zu teuer, 10% zu billig. Rund die Hälfte der Bevölkerung spricht sich für einen landesweiten, einheitlichen Wasserpreis aus, 17% lehnen dies kategorisch ab. 55% der Befragten sind bereit mehr für ihr Trinkwasser aus der Leitung zu bezahlen, 14% streben sich gegen jede Erhöhung. Bei einem Wasserpreis von 2,50 bis 3€ pro Kubikmeter (Spanne die in etwa dem Erzeugungspreis entspricht), finden 36% diesen übertrieben, 39% meinen das wäre korrekt, 6% finden dies billig, 19% haben keine Meinung). Diese Meinungen zeigen, dass es für die überwiegende Mehrheit der Bevölkerung schwer sein wird einen höheren Wasserpreis in Zukunft zu akzeptieren.

Die Studie zeigt klar die Tendenz hin zu in Flaschen abgefülltem Wasser, zum Nachteil von Leitungswasser, ob es um die Nutzung als Getränk oder allgemein um das Vertrauen der Bevölkerung in Trinkwasser geht.

***Charles Margue***
***für Studien zuständiger Direktor bei TNS-Ilres, April 2008.***

*Diese Studie wurde von Aluseau a.s.b.l. ins Leben gerufen. Anhand der Resultate ist eine Sensibilisierungskampagne in Vorbereitung. Die Kampagne trägt das Markenzeichen Drénkwaasser, untenstehend sehen Sie das Logo, das 2007 entworfen und der Presse vorgestellt wurde.*

***Raymond Erpelding***
***Präsident ALUSEAU A.S.B.L***

Drénk Waasser
TRINKWASSER EAU POTABLE ÁGUA POTÁVEL

ALUSEAU A.S.B.L
ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE DES SERVICES D'EAU

# Drenkwaasser zu Lëtzebuerg

**D'automne 2006 au printemps 2007 TNS ILRES a réalisé sur mandat de l'Aluseau une analyse approfondie de l'image de l'eau de robinet et de son utilisation par la population. Durant une première phase ont été menés 6 groupes de discussion en octobre 2006 à travers tout le pays pour parler à chaque fois avec une douzaine de personnes sur leur perception de l'eau ; ensuite a été effectué un sondage téléphonique de 1000 interviews en février mars 2007 représentatif de la population du Luxembourg à partir de 15 ans.**

**Voici les principaux résultats :**

Tout d'abord l'eau est associée à la vie, elle est indispensable et essentielle; sans eau, pas de vie ; c'est donc une ressource précieuse dont il faut prendre soin, il faut la protéger contre les multiples sources de pollution et être conscient qu'elle constitue un enjeu politique de taille, source de conflits, voire de guerre.


Fraîcheur, pureté, propreté, beauté, vitalité, bien-être (wellness), santé sont d'autres valeurs fortes mises en relation avec l'eau par les participants à l'enquête. Elle mérite respect, mais force est de constater que trop souvent au quotidien elle ne bénéficie pas de ce respect et est gaspillée.

Par rapport à ces résultats généraux, il est intéressant, voire surprenant de voir quelle est la perception que la population a de l'eau de robinet ; si on reconnaît à l'eau une grande valeur, rares sont ceux et celles qui en connaissent le prix. Si quasiment tout le monde utilise l'eau du robinet pour se laver (y compris les dents - 99%) et pour la préparation des repas (97%), seulement 27% en boivent tous les jours et au total 40% de temps à autre. Cependant 80% des interrogés boivent de l'eau plate en bouteille tous les jours et uniquement 9% indiquent ne jamais boire de l'eau plate en bouteille.


Les tests de goût (aveugles) pratiqués lors de la phase qualitative ont révélé que le goût de l'eau de robinet est en effet bien moins apprécié que celui des eaux en bouteille.

Outre ce jugement différencié du goût de l'eau, on observe une très importante inégalité du taux de confiance : près de 2 personnes sur 3 (64%) ont une grande, voire une confiance absolue dans l'eau plate en bouteille (3% s'en méfient), 29% ont confiance dans l'eau du robinet (30% s'en méfient) ; en d'autres termes, la méfiance est 10 fois supérieure pour l'eau du robinet.

## Consommation personnelle de différentes eaux



# Utilisation de l'eau du robinet




Quelques détails intéressants : 44% des luxembourgeois, 18% des portugais et 42% des autres concitoyens étrangers boivent de l'eau de robinet – l'eau de robinet bénéficie d'une image très inégale selon le pays d'origine des habitants au Luxembourg ; entre hommes et femmes nous n'observons pas de différences significatives ; par âge ce sont les classes d'âges de 25 à 50 ans qui consomment le moins fréquemment de l'eau de robinet et on constate que la consommation d'eau de robinet croît avec le niveau d'instruction.

## Comment juge-t-on le goût de l'eau disponible à domicile ?

Pour 17% il est excellent ou très bon, 42% bon, 29% mauvais ou très mauvais. Ce résultat est à mettre en rapport avec l'évolution de la pratique de consommation : si 7% indiquent boire davantage d'eau de robinet actuellement que dans le passé, 44% disent en boire moins et 52% ne pas avoir changé d'habitude.

Les avis sont résolument partagés quant à l'évolution de la qualité de l'eau de robinet : 20% estiment qu'elle s'est améliorée, 19% qu'elle s'est détériorée et 48% qu'elle n'a pas changé – 13% n'émettent pas d'avis.

Les questions autour du prix de l'eau du robinet montrent à la fois la complexité du problème et le fait que c'est un sujet très sensible. Les deux tiers des ménages consommant de l'eau en bouteille dépensent mensuellement plus de 20.-€ (la moyenne s'élevant autour de 30.-€). Mais plus de la moitié de la population n'a pas d'idée du prix de l'eau du robinet et seulement 1 personne sur 5 est à même d'indiquer le prix correct ; 24% la jugent trop chère et 10% trop bon marché ; 50% se prononcent clairement en faveur d'un prix unique valable partout dans le pays, une minorité de 17% y est résolument opposé ; 55% sont disposés à payer davantage, 14% s'opposent à toute hausse du prix. En proposant un prix par $m^3$ de 2,50 à 3.-€ (fourchette dans lequel se situe le coût effectif), 36% jugent ce prix excessif et 39% le trouvent correct (6% bon marché, 19% non-réponse) ; ces avis montrent qu'il sera plutôt difficile de faire accepter par la grande majorité de la population un prix plus élevé à l'avenir.

L'étude montre donc que la tendance évolue nettement en faveur de l'eau en bouteille au détriment de l'eau du robinet si on analyse la situation sous l'angle de la consommation d'eau en tant que boisson et sous le point de vue de la confiance accordée par la population.

***Charles Margue***
*directeur d'études TNS ILRES*

*Cette étude a été lancée par Aluseau a.s.b.l. , suite aux résultats de cette étude une campagne de sensibilisation est en préparation. La campagne de sensibilisation sera signée par la marque Drénkwaasser, dont voici le logo développé et présenté à la presse en 2007.*

***Raymond Erpelding***
*Président ALUSEAU A.S.B.L*

Drénk Waasser
TRINKWASSER EAU POTABLE ÁGUA POTÁVEL

# EE BAM FIR DI NEIGEBUERE VUN 2008

## Planzen vun engem Nëssert fir eise Nowues vun 2008

Samschdes de 18. Abrëll hat d´Ëmwelt- a Weekommissioun mat der lokaler Gaart an Heem Sektioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng all Elteren déi am Laf vum leschte Joer an eiser Gemeng fir Nowues gesuergt haten fir ½ 4 bei d´Butzeschoul an d´Gewan invitéiert fir hir Butzen zur Éierung an zu hirer Erënnerung ee Bam ze planzen.

De President vun der Ëmwelt- a Weekommissioun huet allen Uwiesenden, a ganz besonnesch den Elteren en ëmsou gréissere Merci gesot déi trotz dem reenesche Wieder eiser Invitatioun nokomm sinn a sech Zäit geholl haten fir bäi äis ze kommen. Hien huet awer gläichzäitig bedauert dass vun 20 invitéierte Familljen der nëmme 5 komm sinn.

Dem Gebuerteregester vun 2008 no waren dat an der Reienfolleg wéi si gebuer goufen: (den * steet fir waren do)

Theis Mia, Machado Ana Beatriz, Bachir Teixeira Liyhana, Kremer Madita*, Cunha Lopes Karina, Goncalves Teixeira Joana, Piret Alexis, Piret Alexandre, Moura Manou*, Watgen Hannah*, Santos Cruz Suellen*, Gomes Silva Jessica, Ferreira Lucas, Freire De Andrade Aaron, Pechon Damien*, Da Cunha Paulo Nitto, De Barros Ribeiro Filipe, Goncalves Pereira Matthew, Soares Macedo Michael, Goncalves Borges Yanni, Santos Tavares Brayan.





Zënter dem Abrëll 2003 wou mir dëse Brauch hei zu Schieren agefouert hunn, mat der Planzung vum éischte Nëssert fir de Jorgank 2002, planze mir haut fir d´siewente Kéier symbolesch ee Bam fir d´Kanner vum leschte Joergank. Mir planzen een Nëssert vun der Zort „Juglans Regia". Niewent deem, wann och bescheidenen ökologesche Bäitrag liwwert hien äis och eng nëtzlech a begierte Fruucht. A mir kënne lo schon aus Erfahrung soen dass dëse Bam a 4 Joer seng éischt Nëss wäert droen. De Präsident huet den Elteren un d´Häerz geluegt vun Zäit zu Zäit mat hirem Kand beim Spadséiergank hei am Butzepark laanscht ze kommen an him spéider vermëttelen dass dëse Bam deemols als Undenken u si geplanzt ginn ass.

Lo waren dann awer Pappe gefuerdert fir kräftig eng Hand unzeleeën an de néidege Buedem bei d´Wurzelen ze schëppen.



Merci dem Fierschter Jacques Winandy, sengen Aarbechter an dem Luc Schumacher fir d´Präparatioun vun dëser Planzung.

Noodems de Nëssert dann lo definitiv geplanzt war huet de Präsident vum Gaart an Heem, Jean-Paul Meisch, all Uwiesend an d'Buvette vun der Sportshal op e Patt agelueden. Niewent dem Patt gouf et och eppes fir dee klengen Honger, souguer un den Honger vun eisen Allerkléngsten war mat engem Aletedessert geduecht ginn.

Ee spezielle Merci un de Comité vum Gaart an Heem fir dëse léiwen Empfank a fir déi mat vill Léiwt gemeeten Dëschdekoratioun.

No enger Stönnchen gemiettlechem Zesummesinn gong dës symphatesch Feier op en Enn.

CP







# SICONA (WEIDEPAVILLON)

## *Baue vun engem Weidepavillon am Park bei der Schoul*


Op Ureegung vun Emwelt- a Weekommissioun hat de Sicona fir samschdes den 28. Mäerz zum Bau vun engem Weidepavillon an de Park hannert der Kierch opgeruff.

Bei liichtem Reen haten sech um 10 Auer eng 15 Intressenten op der Plaz afonnt.

No den Instruktiounen vun der Projektleederin Nicole Vanderpool vum Sicona un Hand vun engem Miniaturmodel konnt et gläich un d´Aarbecht goen.

Als éischt gouf d´Plaz ausgemooss, de Pavillon huet en Duerchmiesser vu 6 Meter mat enger Haaptöffnung vu 4 Meter an di weider Setzlächer goufen an Afstänn vun je 2 m markéiert. Während 2 Leit d´Lächer ausgeworf hunn, hunn di aner sech drugi fir véier Béck ze zammeren op deenen d´Weiden mat Drot a Ficelle gepäckelt goufen.







Et goufen 8 där Päck gebraucht déi dann zu zwee mat de Spëtzten iwwereneen geluegt a verbonne goufen dass sech eng Gesamtlängt vun 10.5 Meter erginn hunn. Fir Mëtteg 12 Auer hate mir d´Haaptgerüst do stoen.

Am Nomëtteg um halwer zwou gong et weider mam Ubréngen vu méi klenge Béi respektiv dem vertikale Verflechten zwëschent den Haaptbéi. Nodeems dës befestigt waren konnt den ausgeworfenen Buedem nees bei d´Weiden bäigestampft ginn. Géint 4 Auer ware mir souweit fäerdeg, waren houfrig op eis Aarbecht, an d´Wiss konnt geraumt ginn.

CP





# NEUES AUS DEM TENNISVEREIN

Nachdem die Winterpause nun endlich vorbei ist hat auch unser Vereinsleben wieder Fahrt aufgenommen.

Um die Sommersaison optimal vorzubereiten hatte unser Verein während den Osterferien einen Tennislehrgang in Spanien organisiert, danach waren einige wackere Krieger am 1ten Mai zeitig auf den Beinen um einen Maikranz zu binden; und ab dem 1ten Mai waren auch gleich einige Teams in der Meisterschaft im Einsatz.



## Tennislehrgang in Cambrils

Am Freitagabend starteten 29 Mitglieder und Freunde des TC Schieren mit einem Bus nach Spanien. Unser Präsident und sein Geschäftspartner hatten es sich nicht nehmen lassen, um selbst das Steuer während der Fahrt zu übernehmen. Während der Fahrt hieß es allerdings sowohl für ihn als auch für Carlo höllisch aufpassen: Dauerregen und Wind machten die Fahrt im Reisebus ungemütlicher als man sich das auf einer Reise gegen Süden vorgestellt hatte. Nach 1300 Kilometer Fahrt kam man dann trotzdem gut gelaunt gegen 12 Uhr auf der herrlichen Anlage an.



Nachdem die Zimmer verteilt waren, konnte man sich in einem ersten Rundgang einen Eindruck über die wunderschöne Anlage und den Zustand der Tennisfelder verschaffen. Da unser eigener Trainer mit an gereist war wurde sich gleich daran gesetzt die Trainingszeiten der folgenden Tage festzulegen. Danach rief auch schon bald die erste Sangria die Teilnehmer der Reise an die Bar….ich habe mir sagen lassen dass es längst nicht die letzte sein sollte…aber dies ist ja auch normal….wer viel schwitzt , muss auch wieder für den Ausgleich sorgen.



Die Hotelanlage, welche direkt am Meer lag, gab nicht nur Möglichkeiten zum Tennis spielen, sondern eine Wellnessanlage und Beach-Volleyball waren bei der Jugend tagtäglich auf dem Programm.

Verschiedene Mitreisende hatten dann zusätzlich das "Boule / Pétanque" Spiel entdeckt.

Ab Ostersonntag stand dann tägliches Training auf dem Programm. Insgesamt 22 Spieler verteilt auf

7 Gruppen trainierten tapfer um ihre Tenniskenntnisse zu verbessern oder aufzufrischen.

Unser Trainer Andreas war sehr streng mit den Tennisteilnehmern, da er jeden Abend zusätzliche (theoretische) Tenniskurse abhielt + verschiedene Teilnehmer dies sehr ernst nahmen?!.



Am Mittwoch stand dann nach ein Ausflug auf dem Programm. Dieser führte ins Landesinnere nach Mont Blanc (in Spanien!) und am Nachmittag in die herrliche Stadt Tarragona.







Viel zu schnell verging die Woche, als es am Freitag schon wieder hieß die Koffer zu packen und sich am Abend auf den Heimweg zu machen. Am späten Samstagmorgen erreichte eine austrainierte Gruppe wieder Schieren. Wir sind gespannt wie sich dieser Lehrgang auf die Kondition und das Schlagrepertoire des einzelnen ausgewirkt haben.

## Maikranz

Auch an diesem 1ten Mai waren wieder einige ( leider immer die gleichen ) Mitglieder am frühen 1.ten Mai im Wald um einen Maikranz zu binden. Da die Natur es gut mit uns und den anderen Vereinen gemeint hatte und die Bäume und Sträucher bereits ein stattliches Blattwerk angelegt hatten, mangelte es keinesfalls an frischen, grünen Zweigen.

Da auch unser Lehrmeister Guy bereits mit Draht einen Reifen vorgeformt hatte, konnten wir uns recht bald ans Binden des Kranzes machen….da wir aber nur zu 4t waren, dauerte es trotzdem etwas länger ( auch Chris sollte schliesslich seinen eigenen Kranz herstellen dürfen), sodass der Tennisverein schliesslich das offizielle Foto verpasst hat.

Zum Geniessen eines Getränkes und einer kleinen Stärkung blieb immerhin noch genug Zeit bevor wir uns auf den Weg ins Dorf machten um uns am Umzug durch das Dorf zu beteiligen.

Als letzten Akt blieb dann nur noch die beiden Kränze am Vereinsbau anzubringen.





**Meisterschaft**

Ebenfalls am 1ten Mai startete die diesjährige Meisterschaft in den Jugend und Alterkategorien.

So waren im ganzen 5 Mannschaften hier eingeschrieben: Jeweils eine Mädchen und eine 1 Jungenmannschaft sowie 1 Damenmannschaft und 2 Herrenmannschaften waren hier gleich gefordert.

Die Mädchenmannschaft haben nach 3 Spielen deren 2 für sich entschieden und nur gegen die Mannschaft von Stade gab es eine herbe Niederlage; am letzten Wochenende wurde die Mannschaft von Kenzeg/ Beckerich mit 6-1 vom Platz gefegt.

Die Jungenmannschaft hat ein ausgeglichenes Resultat zu vermelden; nachdem sie das erste Spiel hoch mit 6-1 gegen Sennigerberg verloren haben, gewannen sie am Wochenende gegen die Alterskollegen aus Mondorf mit 4,5 zu 2,5

Bei den Seniormannschaften hat die Damenmannschaft welche immerhin in der 2thöchsten Spielklasse antritt von 3 Spielen deren 2 gewonnen. ( 5-2 gegen Erpeldingen und 7-0 gegen Schuttrange), nur gegen den Gegner aus Schifflange war bei der 2-5 Niederlage kein Kraut gewachsen.

Die 2te Herrenmannschaft hat erst ein einziges Spiel bestritten und musste leider eine 2-5 Niederlage gegen Roodt/ Syre einstecken. D

Die 1te Herrenmannschaft,die ebenfalls in der 2thöchsten Klasse antritt, hat sich ihrer bisherigen Aufgaben mit 2 Siegen vortrefflich erledigt. Während Echternach mit 6-1 besiegt wurde hagelte es die Höchststrafe (7-0) für die Mannschaft aus Mondorf.

Wir hoffen natürlich dass unsere Mannschaften auch in den folgenden Wochen so erfolgreich auftreten werden.



## MUSEK

## *Ausflug vun der Musek op Düsseldorf*

Hei nodräglech puer Fotoen vum Ausflug op Düsseldorf.
Aus technische Grënn waren dës nit am Louis 27 beim Artikel publizéiert ginn.



*Zu Dormagen an der Bäckerei Miltz um Kaffisdësch.*







vum Rheinuferturm



*Och di onvirgesinn verlängert Kaffispaus bedéngt duerch ee Rëss un enger Mazuttleitung um Bus konnt der gudder Laun keen Afbroch undoen.*



CP

# Galaconcert 2009

Traditionell um drëtte Sonndeg am Joer, hat d´Schierener Musek de 18. Januar op säi Galaconcert 2009 an d´Sportshal invitéiert.

Virun enger erliesener Kuliss vu zirka 700 Frënn an Unhänger vun der Schierener Musik a Ferventen vun der Blosmusek, huet pënktlech ëm halwer fënnef mat der Ouverture „Il Barbiere di Siviglia“ vum Giacchino Rossini den dësjäerege Galaconcert ënnert der Direktioun vum Jean-Marie Thoss ugefaang.

Fir de Galaconcert 2009 hate mir keen Thema zréckbehal fir sou op all Museksrichtungen kënnen zréckzegräifen, a no enger Rei Joeren och rëm eppes mat den Danzklassen vum Conservatoire de Musique du Nord zesummen ze maachen.



Am éischten méi klassischen Deel stongen weider de « Carnaval de Venise » bei deem d´Solistin Romy Kayser-Werner seng musikalesch Kompetenzen bei den Iwwergäng zu deenen verschiddene Variatiounen voll konnt ënner Bewäis stellen, iert et mat „Vom Donauufer“, an „Diogenes“ vum Jacob de Haan an d´Paus gong.

Duerch de Programm hunn d´Musikantinnen Myriam Kuffer-Plier a Nicole Mersch gefouert, hir Aféierungen zu de musikalische Wierker an hire Kompositeuren goufe mat passende Biller ënnermoolt.

Den zweeten méi rythmeschen Deel huet ugefaang mat „The Lord of the dance“, iert d´Danzklassen op d´ Chorégraphie vun der Mme Hanna Neu zu “Beauty and the Beast” an dem “Circus Can Can” hirt dänzerischt Talent konnten zum Ausdrock bréngen.





Nom „Deep Purple Medley“ huet d´Presidentin Christianne Reiter am Numm vun der Kultur- a Festkommissioun der Musek fir déi gelonge Prestatioun félicitéiert an huet dem Dirigent Jean-Marie Thoss als Ausdrock vu Sympathie e Bouquet iwwerreecht.



*D´Rialtobréck vu Venedig, war den zentralen Tableau vum Galaconcert. Ee Wierk vun eisem Dekorateur Georges Petit.*

Nom „Thriller“ vum Michael Jackson mat der Danzklass vun der Mme Patricia Ierace, virum leschte Stéck war et dunn um President Camille Pletschette fir allen Uwiesenden Merci ze soen fir d´Kommen, niewent dem Deputéierte Charel Goerens hat hien d´Éier gläich dräi Député-mairen, Marco Schanck, Fernand Etgen an Ali Kaes, de Buergermeeschter Jos Lutgen mam komplette Schäffen a Gemengerot souwéi verschidden Nopeschbuergermeeschteren. Besonnesch geéiert war de President iwwert de Besuch vum Chef vum Etat Major vun der lëtzebuerger Arméi, dem Generol Gaston Reinig.

Ee ganz grousse Merci huet hien un den Dirigent Jean-Marie Thoss geriicht a seng Gedold während deene leschte Méint ervirgehuewen. Am gläichen Otemzoch huet hien sech bei alle Musikantinnen a Musikanten fir hir Disziplin an deene leschte Méint bedankt, der technescher Équipe em de Gusty Feinen, an un all déi, di rondrëm de Concert am Asaz waren a soumat zum Erfolleg bäigedro hunn.

Ee besonnesche Merci awer och eisem Dekorateur Georges Petit, wéi op der Foto uewen ze gesinn, hat de Georges och dëst Joer nees keng Méi gescheit an hat a wochelaanger Aarbecht mat dräi Meeschterwierker, aus „Il Barbiere di Siviglia“, „Thriller“ vum Michael Jackson an der „Rialtobréck vu Venedig“, fir de passenden Hannergrond gesuergt.





Ee speziellen an häerzleche Merci huet de President un déi edel Spender vu sämtliche Partituren geriicht. Si goufen der Rei no gestëfft vun: Garage Castermans, Jos Lutgen, Jean Berwick-Krier, Emile Goerens, Chaussures Herrmann vun Ettelbréck, Juliette Kemp-Weber, Dr. Eric Hennes, Yvonne, Désiré an Edmond Simon vu Luerenzweiler, Jacquie, Lisy, Lexy a Vally Nickels vu Colmer-Bierg, Patrick Zanier, souwéi dem Sponsor Abby Toussaint vun der Agence Immobilière Toussaint vu Miersch.

Mat „Copacabana“ gouf d´Publikum ënnert de Sambarhytmen an der Danzklass vun der Mme Nathalie Mathieu op d´Copacabana entféiert. No minutelaangem tosendem Applaus a stoenden Ovatiounen vum begeeschterte Publikum, goufen als Zugab nach emol „Copacabana“ opgeféiert, koum et mam „Deep Purple Medley“ an alle 4 Danzklassen op der Bühn zum kréinenden Afschloss vum Galaconcert 2009.

D´Texter zu den eenzelne Stécker haten d´Nicole Mersch, Carmen a Martine Nickels, Véronique Schenten, Laurence Zeien a Camille Pletschette zesummegestallt. Den Entworf vun de Plakater an den Invitatiounen war op ee neits eng Produktioun vum Jean-Paul Feinen.

Fir d´éischte Kéier ass et eis gelongen d´Nordliicht TV bei eisem Galaconcert derbäi ze hunn. Eng 15 Minuten Reportage ass Enn Februar um Nordliichtkanal ausgestraalt ginn.

De Galaconcert 2009 war nees ee groussen Erfolleg, a mir ginn Iech lo scho rendez-vous um drëtte Sonndeg Januar fir de Galaconcert 2010.

Eng CD vum Concert kënnt dir Iech fir 12 € iwwert e Comitésmember bestellen.

Fotoën: Yves Erdel

CP

## Schülerauditioun vum CMNord hei zu Schieren am Festsall

Freides de 27. Mäerz hat de Conservatoire de Musique du Nord zesumme mat der Schierener Gemeng an der Schierener Musek op eng Schülerauditioun um 18 Auer an de Festsall agelueden.

Virun engem gutt gefëllte Sall ënner hinnen de Buergermeeschter Jos Lutgen an d´Schäffin Juliette Kemp, den Direkter Marc Jacoby an de Sous-direkter Blaise Stélandre, d´Chargé de coursen vun de Museksschüler, hir Elteren an en etlich Musikanten.

Erfreelech vun der Säit vun eiser Musek war dass vu 15 Virtreeg der 11 vun eise Jugendmusikanten virgedroe goufen.

Leider hat de Fotograf seng Knippsmaschin vergiess.

CP

# FOOTBALL

## Den FC Jeunesse Schieren ass um gudde Wee

### Senior I

Mir sinn zwar nach nit um Enn vun dësem Championnat ukomm mee et kann een awer vum Opstieg an d'Eirepromotioun dreemen. Un éischter Plaz geleeën zwee Mätcher viru Schluss duerf een dat och mee wann ee wees, dass nëmmen eng Equipe direkt opsteigt an den zweetklasséierten ee Barragematch géint deen drëtt oder véiert Lëschten aus der Eirepromotioun muss spillen, da weess een dass eng Prognos maachen nit einfach ass well wann et schlussendlech vun engem Match ofhängt, dann ass dat scho verdammt riskant.

Mir gleewen awer un eis Equipe a sinn iwwerzeegt, dass mir et dëst Joer packen. Och wann et elo géint Gilsdorf nëmmen zu engem Punkt gereecht huet esou ass dat awer nit esou schlëmm well eist Torverhältnis vis-à-vis vun eise Géigner och ee Punkt wäert ass.

Och all eis Supporteren, an dovunner si mir iwwerzeegt, sinn di zwee lescht Mätcher präsent fir eis Equipe z' ënnerstëtzen an d'Jonge sinn duerfir ganz bestëmmt dankbar. Eis Jugendspiller an hir Kollegen si schon all Sonndeg um RV a si feieren d'Spiller bravourös u wat natierlech fir déi eng zousätzlech Motivatioun ass. Mir vum Comité hoffen, dass all Schierener Futtballbegeeschterten de 24.Mee beim leschte Match géint Wëntger dobäi wëllt sinn. Affaire à suivre.!

### Senior II

Eis Reserve-Equipe wollt eiser éischter Equipe a näischt nostoen wat d'Klassement ugeet an esou kënne mir hinnen haut schon zum Opstieg an d'zweet Klass félicitéieren. Nämlech 3 Mätcher viru Schluss si si di éischt an der Tabell mat 9 Punkten Avance op den drëttklasséierten. Duerch hir gutt Goaldifferenz si si also sëcher ee vun deenen zwee Opsteiger ze sinn.

An dësem Kontext wëlle mir och nit vergiessen, dass si di lescht Saison eréischt an d'drëtt Klass opgestiege sinn. Eng bemierkenswert Leeschtung zu däer mir eise Jongen an hirem dynameschen Trainer Carlo Garson ganz häerzlech gratuléieren.

### Jugendéquipen

Eis Jugendéquipen sinn an hire respektive Klassen am Mëttelfeld klasséiert. Um Enn vum Championnat wann di definitiv Klassementer virleien, kann ee sech ee bessert Bild maachen. Gutt Aarbecht gëtt hei gemeet a verschidde Spiller weisen ganz kloer Qualitéiten fir gréisser Aufgaben.









# POMPJEEËN

## *Buergbrennen 2009*

Wéi déi lescht 50 Joer, hunn d’Pompjeeën och dëst Joer rëm d’Buerg gebonnen. Puer Wochen virdun ass et lass gaang deen Daag ze preparéieren andeem déi richteg Beem ausgesicht, op d’Mooss geschnidden an op d’Buergplatz bruecht gi sinn.

Mat der Ennerstëtzung vun onse Gemengenaarbechter ass dat tip top ofgelaf. Een decke Merci och deene sëllegen Donateuren déi ons fir dësen Dag ënnerstëtzt hunn.

Et ass lo schon déi drëtt Buerg déi mir rëm traditionel gebonnen hunn, mam Tirefor ropgezunn a mam Trakter vun der Gemeng ofgesëchert hunn. Et mengt een et missten ëmmer rëm nei Rekorder gebrach ginn.





Dëst Joer ware mir net wäit vun den 10m weg, wee weess wat fir ee Bam mir d’nächst Joer fannen.

Bei gudder Stëmmung op der Buergplaz, am Pompjeesbau an owes während dem Fakelzuch oder beim Brennen vun der Buerg ass ee schéinen Dag vergaangen un deen een nach méi laang denke wäert.





## *1. Mee*

Och dëst Joer ass rëm den 1te Mee zesumme gefeiert ginn. Um 9.00 Auer war R.D.V. „Ënner Buchels“ fir Meekränz ze bannen. Et si vill Kränz gebonne ginn, wat beweist dat et eng gutt Saach ass wa vill Leit zesumme kommen. Et ass och ee Wirschtschen an eng Taass Kaffi zerwéiert ginn. Um 11.00 Auer ass dunn de Cortège vun der Huelscheck bei déi al Gemeng, dann déi nei an dann zréck iwwer d’Valisplaz d’Kéier maache gaang, fir dann d’Steener Strooss rop bei d’Sportshal ze goen. No engem leschte Marsch vun der Musek huet de Buergermeeschter nach puer Wuert un d’Leit geriicht. Fir de Mo ze stäipen ass duerno eng Gulaschzopp am Pompjeesbau zerwéiert ginn an no puer schéiner Stonnen ass et och rëm méi roueg ginn. Well d’Pompjeeën den 1. Mee als eng al Traditioun feieren, kënne mir et och net loossen den Owend vum 1te Mee net zesummen ze sinn, sou hu mir dann fir 7 Auer de Grill ugefaang an et huet nach puer Stonnen gedauert bis déi lescht doheem waren.

Traditiounen muss ee weiderliewen loossen.

## *Visite vun de Jugendpompjeeën bei der BF an der Stad*

Den 11. Abrëll ware sech ons Jugendpompjeeën d’Berufspompjeeën an d’Stad op d’Arelerstrooss ukucken. Si kruten alles am Detail erklärt a konnte gesinn, wat fir eng Formatiounen déi Pompjeeën do musse maachen. Si konnten duerch hier Otemschutzstreck krabbelen, wat fir si ouni Gerät an Uniform méi einfach war wéi fir déi Grouss. Déi eenzel Gefierer hu se gewise kritt, wat onse Kadetten gutt gefall huet.

Jiddwer Kand tëschend 8 an 16 Joer kann an onse Jugendpompjeeë matmaachen. Avis aux Amateurs.

Ee Mol Pompjee, Ëmmer Pompjee.

Wann dir intresséiert sidd, sech bei de Pompjeeën z’engagéieren an anere Leit a Nout ze hëllefen, dann mellt Iech bei ons, Tel 81 79 71. Et ginn ëmmer Leit gebraucht fir d’Sëcherheet am Duerf ze garantéieren. Et ass eng intressant Aarbecht déi gemaach gëtt an den Übungen, an de Formatiounen bei ons, am Kanton oder an der Schoul.

# BASEBALL

## D'Cowboys Saison 2009

Am Abrëll starten d'Schieren Cowboys schon an hir 6. Saison. Fir d'2009er Saison steet eng massiv Ännerung um Programm: nodeems elo 3 Joer an der Belsch ënnert der Regie vun der LFBBS gespillt gouf, geet et ab dësem Joer beim SWBSV (Südwestdeutscher Base- und Softball Verband) un de Start. D'Cowboys sinn nieft den Hedgehogs mat den Saarbrucken River Bandits, eng Equipe déi 2005 schon am lëtzebuerger Championnat matgewierkt hat, den St. Wendel Brewers, St.Ingbert Devils, Lokomotive Bous, Saarlouis Hornets an den Trier Cardinals an der Verbandsliga West ageschriwwen.

Wat dat rengt lëtzebuerger Championnat ugeet, huet nieft den Red Sappers vun Diddeléng, déi sech am Neiopbau befannen, och nach Biekerech eng 2. Equipe mat an den Tableau gemellt. D'Finallen fir de lëtzebuerger Champion's Titel fänken wéi all Joer Mëtt September no der Regular Season un, a ginn no dem Modus "Best of 7" ausgedro'.

Wéi all Joer bis elo, hunn d'Cowboys och fir 2009 erëm ee grousst Changement an dem Team Roster matgemaach. Nieft dem Marc Keisser, Jacques Mossong (fin de Carrière) a Ben Gomes (Transfert op Biekerech...de 4ten), sinn och de Leo Nicosia (Schoul) an Joé Steines (ganz Saison verletzt) net méi dobäi. Dozou kënnt dass de Claude Pletschette an de Gerry Hoffmann sech no 5 Saisonen als Cowboy selwer op d'Ersatzbänk gesat hunn...

Allerdéngs hu mir, och wéi all Joer, erëm e puer Neizougäng ze verzeechnen. Mam Gilles Bartholmé, Christian Keiser an Jim Paulus, déi 2008 schon mat um Training waren, koum dunn och de Kevin Barthelemy mat an de Roster fir déi nei Saison. D'Jongen hu sech bis elo och tip top agefouert a weise schnell Fortschrëtter, wat op ee positive Verlaf vun der Saison virauskucke léisst.

Negative Punkt wéi gewinnt bleiwt natierlech, dass d'Cowboys elo an hier 6. Saison ginn a sech a punkto Baseballterrain nach ëmmer näischt gedo huet. Aner Veräiner haten et do net esou schwéier... Vu dass awer jidderee wees u wiem et läit, ass och jiddereen sech bewosst dass do sech och soubal näischt wäert drunn änneren. Duerfir mecht et äis och ëmmer erëm Freed a Spaass op dëser Plaz op déi Situatioun hinzeweisen. No 6 Joer si mir nach ëmmer do, an sou gesond wéi eise Veräin ass, kënne mir hei och garantéieren dass eis Schëlleren no 6 Joer esou breet a staark sinn, dass mir äis och nach eng Partie Joeren weider kënnen duerchbäissen!



Alain Lutgen, Fred Geisbusch, Kevin Barthelemy, Pascal Rambaud

Christian Keiser, Gilles Bartholmé, Luc Weimerskirch, Misch Schammel, Ren Schneider

### TEAM ROSTER 2009

| | | |
|---|---|---|
| Arendt Steve, 29 Joer vun Esch, | Catcher an Outfielder, | Cowboy säit 2007 |
| Barthelemy Kevin, 22 Joer vu Mechelbuch, | Outfielder, | Cowboy säit 2009 |
| Bartholmé Gilles, 17 Joer vu Colmer, | Outfielder, | Cowboy säit 2008 |
| Geisbusch Fred, 29 Joer vun Dikrech, | Infielder, | Cowboy säit 2008 |
| Hoffmann Gerry, 34 Joer vu Guedber, | 1st Base an Outfielder, | Cowboy säit ëmmer |
| Junker Dave, 30 Joer vun Dikrech, | Catcher, | Cowboy säit ëmmer |
| Junker Ted, 30 Joer vun Dikrech, | Infielder, | Cowboy säit ëmmer |
| Keiser Christian,21  Joer vun Todeler, | Outfielder, | Cowboy säit 2008 |
| Lutgen Alain, 33 Joer vu Schieren, | Pitcher an Infielder, | Cowboy säit ëmmer |
| Paulus Jim, 23 Joer vun Dikrech, | Outfielder an Pitcher, | Cowboy säit 2008 |
| Pletschette Claude, 40 Joer vu Schieren, | Outfielder, | Cowboy säit ëmmer |
| Rambaud Pascal, 36 Joer vu St. Ingbert, | 1st Base an Infielder, | Cowboy säit 2008 |
| Schammel Mich, 18 Joer vu Baastenduerf, | Infielder an Outfielder, | Cowboy säit 2007 |
| Schneider Ren, 34 Joer vu Lamadeleine, | Catcher an Pitcher, | Cowboy säit 2007 |
| Weimerskirch Luc, 34 Joer vu Kruuchten, | Outfielder an Catcher, | Cowboy säit ëmmer |

**SCHIEREN COWBOYS BASEBALLCLUB est. 2004 • www.cowboys.party.lu**

# FRAËN A MAMMEN SCHIEREN

## Generalversammlung vum Jar 2008

Déi 38. Generalversammlung vun de Fraen a Mammen huet den 10. Februar 2009 am Festsall vun der Gemeng an der rue du Moulin stattfond.



Bei der Begréissung konnt d'Presidentin Henriette Mathias eng ganz Rei vun Invitéen wëllkomm heeschen: Den Här Buergermeeschter Jos Lutgen  mat de Memberen vum Schäffen- a Gemengerot, den Här Paschtouer Romain Gillen, d'Presidentin vun der Kultur- a Festkommissioun Christianne Reiter, d'Verdrieder vun de Veräiner, an nit ze vergiessen d'Memberen vun de Fraen a Mammen.

D'Presidentin huet eng ganz Rei vun Mercien ausgesprach. E spezielle Merci der Gemeng fir den alljäerlichen Subsid, an och de Gemengenaarbechter déi ëmmer bereet sinn anzesprangen wa gréisser Aarbechten ustinn. Si huet allen Dammen merci gesot, déi am Laf vum Joer eis bei deene verschiddenen Aktivitéiten ënnerstëtzt hunn.



Den Tätegkeetsbericht ass vun der Sekretärin virgedroe ginn.

De Comité ass 5 mol zesumme komm.

De Veräin hat 19 Aktivitéiten, déi an der Generalversammlung opgezielt goufen.

Pilgerfahrt an de Gronn bei d'schwaarz Noutmuttergottes (80 Dammen).

D'Jousefsfeier vum Dekanat wou mir no der Mass e Stéck Taart an eng Taass Kaffi zervéiert hunn (200 Dammen).

De Basar op Pällemsonndeg.

D'Chrëschtfeier mat Chèque Iwwerreechung.

De Veräin zielt 197 Memberen.

Wat d'Finanzen ugeet sou konnt d'Caissière der Versammlung ee positive Bilan virdron. D'Fraen a Mammen hunn am Joer 2008 Spenden am Wäert vun 10.200 € verdeelt. D'Generalversammlung huet op Virschlag vun de Keesserevisorinnen Entlaaschtung ginn an de Comité krut seng Aarbecht ofgeseent.

De Programm fir d'Joer 2009 ass nach matgedeelt ginn.

D'Presidentin huet der Versammlung nach matgedeelt datt Marie-Josée Schmitz dem Comité net méi ugehéiert. Si huet dem Marie-Josée merci gesot fir sein Asaz am Veräin an huet him fir d'Zukunft all Guddes gewënscht.

D'Schlusswuert gouf vum Här Buergermeeschter Jos Lutgen geschwat. Hien huet de Fraen a Mammen merci gesot fir hiren Engagement am Déngscht vun deenen Aarmen a Kranken an dat an enger schnelllieweger Zäit, wou de Bénévolat keng Selbstverständlechkeet méi schéngt ze sinn.

Fir 2009 setzt de Comité sech folgendermoossen zesummen: Henriette Mathias (Presidendin), Irma Feipel (Sekretärin), Nelly Gengler (Caissière), Marga Blasius, Thérèse Stork, Annette Thiry, Gilberte Welter (Membere vum Comité), Marcelle Jeanpierre an Mariette Hess (Keesserevisorinnen).

No der Versammlung huet d'Presidentin den Dr. Di Cato begréisst Hien huet nach e Chèque vun 3000 € iwwerreecht kritt zu Gonschten vun der Fondation de Recherche Cancer et Sang. Dës Soue stamen nach aus dem Erléis vum Basar op Pällemsonndeg.

Den Dr. Di Cato huet de selweschten Owend eng ganz intressant Konferenz iwwer d' Kriibsfuerschung gehalen.





V

# Kaffisstuff op Pällemsonndeg

Wéi et schon Traditioun ass, haten d`Fraen a Mammen Pällemsonndeg hir Kaffisstuff.

No der Mass konnten d'Leit bei eis den Apéritif drénke kommen oder den Dessert mat heem huelen.

Am Nomëtteg hu mir eis schéin Handaarbechten, di dëst d'Joer e gudde Succés haten, verkaaft, Ouschterkränz a Bastelsaachen hunn och gudden Ofsaz fonnt. Vill Leit hunn och hirt d'Gléck bei eiser grousser Tombola versicht. Eng Supertombola hate mir och um Programm, bei däer schéi Sachen ze gewanne waren.

Gemittlech konnt e sech et maachen bei engem gudde Stéck Kuch oder Taart an enger Taass Kaffi..

Fir d'Nuechtiessen hu mir nach eng Assiette Pêcheur oder eng Assiette Maison zervéiert.

E grousse Merci un all déi Leit déi eis duerch ee Cadeau fir an d'Tombola, een Don oder hir Präsenz op dëser Kaffisstuff ënnerstëtzt hunn. Merci och un all Dammen déi eis deen Dag gehollef hunn.

# NEIES AUS DER PAR

## 31. Januar 2009 – Liichtmesfeier

Liichte goen ?



Mir bastelen e Lampion

A villen Heiser as et daischter

Mir droen d' Liicht bei d' Leit

Mir sangen flott Lidder

Mir man de Leit eng Freed

Mir droen d' Liicht bei di Krank



Mir droen d' Liicht bei déi di traureg sin

Mir droen d' Liicht bei di alleng sin

Mir gin an all Haus

Et gët méi hell an den Heiser

D' Leit freeën sech wa mir kommen

Mir kréien Séissegkeeten a Suen

De Jesus sot: Ech sin d' Liicht vun der Welt
Dir sidd d' Liicht vun der Welt



Jesus huet e Liicht eis bruecht, alleluia …..

# Kommiounsvirbereedung (10. Januar – 4. Abrëll)

Den 10. Januar 2009 hunn 26 Kommiounskanner sech di éischte Kéier am Club House vum Tennis fir de Kommiounsunterricht getraff.

Zesummen hate si datselwecht Zil. Zesumme sech op di 1. Helleg Kommioun virbereeden. Si wëllen a Gemeinschaft mam Jesus. COMMUNIO

Communio heescht och d'Bot, wat si duerch di ganz Kommiounszäit begleet.

Mam Jesus am Boot waren si um Wee !

Leider hu mir di kleng Gemeinschaft fir di aner Virbereedungstonnen missten trennen. Eise Massendingersall ass fir esouvill Kanner ze kleng an d'Club House vum Tennis kann och nët ëmmer fir esou Zwecker benotzt ginn.

An der Schoul si si jo och an 2 Klassen opgedeelt, dofir war dat fir d'Kanner guer net schlëmm. Eng Rei Eltere ware mat Begeeschterung derbäi fir hir Kanner op dëse groussen Dag virzebereeden. D'Kanner hu wonnerbar matgeschafft, et huet Freed gemaach si ze begleeden. All Freiden mëtten ass gesonge ginn mam Blanche a mam Viviane. Sonndes, resp. samsdes an der Mass hunn d'Kanner matgesongen a geklappt et war eng Freed hinnen nozelauschteren.

Den 28. Mäerz war eng kleng Ofschlossfeier mat allen Elteren di bei der Virbereedung op dat grousst Fest derbäi waren. Fir dëst Fest ze feieren ware mir frou, datt den Tennis nees eng Kéier hirt Club House zur Verfügung gestallt huet. Villmols Merci!

De 4. Abrëll sinn d'Kanner eng leschte Kéier zesumme komm fir hir Kommiounskäerz ze dékoréieren. D'Käerz ass dëst Joer ganz schlicht dekoréiert ginn, esou datt d'Kanner nët vill Hëllef vun Erwuessene gebraucht hunn.

A ganz flott hu si dat gemaach!
























# Kommioun - 26. Abrëll 2009

No enger laanger, fir Grouss a Kleng, och ustrengender Zäit war et dunn endlech de 26. Abrëll esou wäit. 26 Jongen a Meedercher sin a feierlecher Pressessioun an d'Kierch agezunn. Hirt Bot, hir Käerzen virum Altor! D'Elteren, d'Geschwëster an d'ganz Famill an de Bänken. Si hu gestrahlt, wonnerbar gesongen, gebied a Grousses versprach. Andächteg hu si hir 1. Helleg Kommioun empfaangen.

E grousst Fest, e wonnerschéinen Dag!







• Foto lënks:

1. Reih vu rechts no lënks: Christophe Laubach – Renée Wirth – Lynn Pletschette – Fabio Pereira de Sousa – Lewin Da Garça

2. Reih vu rechts no lënks: Pol Kugener - Sara Carvalho Oliveira – Mathis Foxius – Marc Schillinger – Nathalie Wirèn

3. Reih vu rechts no lënks: Joanna Pereira de Sousa – Armanda Oliveira Marinho – Lisa Elcheroth

• Foto rechts:

1. Reih vu rechts no lënks: Gianvito Palmieri – Yann Origer – Noah Foeteler – Kathleen Alves Monteiro – Laura Pletschette

2. Reih vu rechts no lënks: Luc Humbert – Dennis Schaus – Jerry Doerfel – Vicky Rayeck

3. Reih vu rechts no lënks: Lara Garson – Jona Leuck

Niewt dem Paschtouer: Jessica Pereira Roseira an Sébastien Silva Fortes

# Pällemsonndeg





Wat ass dat fir e Fest?

Firwat kréien d'Leit Pällem mat heem?

Wat war deemols zu Jerusalem geschitt.

Wéi huet de Jesus sech gefillt?

An d'Leit, wéi hu si sech gefillt?

Firwat kënnt de Jesus mat engem Iesel?

Hien ass dach ee Kinneg, oder?

Hu dir op all déi Froen eng Äntwert?

Nee?

Ma da frot mol äer Kanner, déi wossten alles !

# Klibberen - Karfreideg - Ouschtersamschdeg

Och dëst Joer woren d'Klacken erëm 2 Deg op Roum! Dat heescht fir eis Massendinger moies nees fréi opstoën!

Wéi och dat lescht Joer, hunn eis Massendinger Verstärkung kritt vun e puer Kommiounskanner.

Ouni ze maulen an ze granzen, ass scho viru 7 Auer geklibbert ginn.

Samschdes, nodeems si sech am Massendingersall mat Schoki a Kaffiskichelcher gestärkt haten, gouf um 9.00 Auer d' Waasser vum Paschtouer geseent.

Vun Dier zu Dier si si gezunn an hunn de Schierener Leit frou Ouschtere gewënscht. Um halwer 7 owes, gouf nach eng leschte Kéier d'Owesklack geklibbert an du kruten si hir Tiitchen mat engem schéinen Täschegeld an enger Iwwerraschung.

Dat haten si sech och verdingt, well klibbere goen dat ass schon ustrengend!

















# Firmung 2010

16 und noch nicht gefirmt ? Jetzt hast **Du** die Gelegenheit ! Firmung kann für **Dich** bedeuten, **dem Glauben** und der Kirche in Deinem Leben den entsprechenden Raum zu geben, damit **Du** eine **persönliche Beziehung zu Gott** und zur Kirche aufbauen kannst.

Bei der Taufe haben Deine Eltern für Dich entschieden, dass Du zur Kirche gehören sollst. Während der Firmvorbereitung kannst **Du Dir selber bewusst werden, was Glauben für Dich bedeutet und was Deine Vorstellungen von einem christlichen Leben sind.**

Dabei kannst Du Dir auch Fragen stellen wie zum Beispiel:

• Glaube ich das, was in der Kirche erzählt wird? – muss ich das glauben?

• Ist mein Glaube mir peinlich? – warum eigentlich?

• Wie könnte ich das ändern?

• Wie gehen andere in meinem Alter mit diesen Fragen um?

• Wie glauben eigentlich die Erwachsenen? – glauben die wirklich?

Es geht um **Deine bewusste Entscheidung** in persönlicher Freiheit. Die Firmung bietet Dir die Möglichkeit, Dich mit Deinen Bildern von Religion, Gott und Glauben auseinanderzusetzen und einen eigenen Standpunkt zu finden.

Durch die Firmung, das Sakrament des Heiligen Geistes, bringt die Kirche dir Vertrauen entgegen und sagt: **Du gehörst zu uns, Du kannst an dieser Kirche mitbauen!**

## Organisatorisches

Der Firmkurs:

- beginnt im Oktober 2009, die Firmung findet voraussichtlich Anfang Juli 2010 statt;
- richtet sich an alle, die vor September 1994 geboren sind (Mindestalter 16 Jahre).

**Interessiert?**

Das Anmeldeformular findest Du auf dem Büchertisch in der Kirche

(während den Gottesdiensten oder sonntags nachmittags zwischen 13.00-18.00 Uhr).

Und dann?

Bitte ausgefüllt abgeben:

In der Sakristei:
am Mittwoch, 01.07. : von 16.00 – 18.00 Uhr
am Samstag, 04.07. : von 19.30 – 20.30 Uhr

## Confirmation 2010

| | |
|---|---|
| Qui: | Jeunes âgés de 16 ans<br>(nés septembre 1994 ou avant) |
| Début de la préparation: | octobre 2009 |
| Confirmation | début juillet 2010 |
| Fiches d'inscription : | au fond de l'église<br>(ouverte pendant les services religieux ainsi que les dimanches après-midis) |
| A remettre : | à la sacristie,<br>le mecredi, 01.07.<br>de 16.00-18.00 hrs<br>le samedi, 04.07.<br>de 19.30-20.30 hrs |

# FRËNN VUM 3. ALTER

## *Generalversammlung*

Mëttwochs, den 21. Januar hunn d'Frënn vum 3. Alter Bilanz gezunn iwwer dat vergaangend Joer. De Präsident Patrick Zanier konnt 45 Leit begréissen, Memberen, Vertrieder vun der Gemeng an de Veräiner. No enger Gedenkminutt fir déi am leschte Joer verstuerwen Memberen : Wohl Jean, Arend Pierre, Bouché-Rommes Catherine, Welbes-Frising Jeanne, Grisius-Fellens Marceline, Meier-Bantz Helène a Klose Günther, huet hien d'Wuert un d'Maggy gi fir den Aktivitéitsbericht.

Am Joer 2008 waren 30 porte-ouverten mat engem Durchschnëtt vu 25 Leit . De Comité war 4 mol zesummen fir alles ze organiséieren, mir haten 243 Memberen.

Generalversammlung de 16. Januar mat 55 Leit, e Filmowend am Februar mat 28 Leit, Bretzelfeier am Februar mat 50 Leit, Grillfest am Juni mat 76 Leit, Ausflug op Durbuy mat 26 Leit, am Oktober, Dag vum 3.Alter mat 51 Leit am Sall an 12 am Service a Kichen, mat Eierung vun deenen eelste Memberen a vun enger gëllen Hochzäitskoppel, mat Concert vum Dammechouer „ Just for femmes", a Chrëschtfeier mat Concert vun dem Kannergesank vun eiser Chorale.

Am November war de Comité mat den Hëllefen an den Neptwone iessen.

Och hat HELP- DOHEEM VERSUERGT op eng porte-ouverte invitéiert, an dorop hin hu mir si agelueden op eis Chrëschtfeier, wou sie hir Aarbecht virgestallt hunn.

De Keessebericht deen duerno komm ass, war positiv trotz klengem Minus, an d'Keessekontroller hunn Entlaaschtung gefrot.

An der Chrëschtfeier war nach Chèque-Iwwerreechung un d'Madame Goeres vun der FONDATIOUN KRIIBSKRANK KANNER, deen sech zesummegesat huet aus eiser Sammelkëscht 576,35 an dat hu mir vun der Tombola opgerënt op 1000.-€

E grousse Merci ass nach un d'Gemeng gaangen, fir de Subside an de Sall, un d'Gemengenaarbechter, déi ëmmer hëllefen wa mir si brauchen, un d'Botzfraen, un eis Hëllefen an der Kichen an u jiddereen deen eis am Laf vum Joer mat irgend eppes ënnerstëtzt huet. Duerno ass et e kille Patt an eppes ënnert d'Zänn ginn.

De Comité : Präsident: Patrick Zanier, Vizepräsident: Wagner John, Sekretärin a Caissière : Garson Maggy, Memberen : Hess Mariette, Hemes Anita, Thies Irma.

D'Sammelaktioun fir 2009 ass vun de Leit op engem Ziedel bestëmmt ginn : ATAXIE TELANGEXTASIE

----------------------------------------------------

De CLUB SENIOR NORDSTAD hat no eiser Versammlung nach eng Konferenz organiséiert iwwer „ Einrichtung der Wohnung in Alter und Krankheit". Dat war och ganz intressant.

*Maggy*






# BRETZELFEIER, den 18. März



Fir d'Bretzelfeier haten sech 58 Leit ugemellt a schon dënschdes ass opgeriicht a gekacht ginn. Dëscher si gedeckt a Gromperen geschielt ginn, fir d´Gromperenzalot. Fir e bësche Geld eran ze kréien, hate mir eng Tombola zesumme gestallt.

D'Kaartespiller aus der porte-ouverte hu Mëttes vun 2 Auer un wéi ëmmer gespillt an um 5 hunn eis Dammen mam Service ugefaang : Gromperenzalot mat Wirschtercher an Hierkefilet mat gequellte Gromperen mat engem kille Pättchen oder wat ee soss wollt, an e Stéck Taart mat Kaffi, alles zu engem klengen Beitrag vu 5.-€ pro Persoun.

Jidderee krut och nach eng Bretzel mat heem.

Déi Leit déi komm waren haten nees e flotten Nomëtteg, déi déi net komm waren, wëssen net wat si verpasst hunn.

*Maggy*











# ANTENNE COLLECTIVE

## *Uschloss vum Netz iwwer Glasfaserleitung*

Aus der Generalversammlung vun der Schierener Gemeinschaftsantenn

Och dëst Joer huet d'Gemeinschaftsantenn Schieren seng traditionell Generalversammlung am neie Festsall ofgehalen. De President Jerr. KEMP huet d'Invitéen an d'Memberen begréisst, an der Gemeng an de Kollegen aus dem Verwaltungsrot an der Kontrollkommissioun Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht. Hien huet uschléissend déi zwou wichtegst Etappen während dem leschte Joer erläutert.

Déi éischt konnt Enn März 2008 ofgeschloss gin mat der Aspeisung vum digitalen Buket « SACEM ». Mat der Aféierung vun der neier Konventioun zwëschen den Inhaber vun den Autorenrechter an de Kabelbedreiwer sin domat d'Autorenrechter fir 79 Programmen ofgedeckt an gläichzäiteg ass och eng Situatioun reglementéiert, déi joerzéngtelaang nëtt geklärt war.

Déi zweet Etapp war den 11. Dezember bewältegt gin mat dem Uschloss vum Netz iwwer Glasfaserleitung, wouduerch d'Qualitéit vum Signal weider konnt verbessert gin.

Et war dunn um Carlos GONCALVES fir den Aktivitéitsbericht virzedroen. Ufank des Joeres ass e Flyer an 3 Sproochen u sämtlech Haushalter verdeelt gin fir op d'Ännerungen wéinst der Digitalisatioun hinzeweisen. Dobäi sin och déi noutwendeg Erklärungen gemaach gin, an et ass op dat erweidert digitalt Programmangebot higewisen gin. Stéierungen um Netz wéinst der Restrukturéierung vun de Frequenzen waren geringfügeg, dat awer och well verschidden Aarbechten nuets ausgefouert gi sin.

Am Abrëll 2008 huet een vun eisen 2 Internet-Ubidder, an zwar TV-Surf vun der Post, hire Kontrakt mat der ACS op den 31.03.2009 gekënnegt, wëll si deen Service ënnert där Form nëtt méi wollten kommerzialiséieren. Luxembourg-Online bleiwt fir de Moment domat den eenzegen Internet-Provider.

Et sin am Laf vum leschte Joer iwwerduerchschnëttlech vill Investissiounen an Ennerhaltsaarbechten gemaach gin. Dozou gehéieren d' Garer Strooss, wou eng Glasfaserleitung vun der Cité Thill zu Ettelbréck bis an d'Salle technique an der rue du Moulin gezu gin ass. Dann sin déi 3 Bléck vun der Résidence "Porte de Schieren" mat neien Uschlëss ekipéiert gin. Am Lotissement „am Paesch" an "in der Wieschen" ass den Ausbau vum Netz virugedriwwen gin, an am „Neie Wee" an an der „rue Verte" sin d'Kabelen erneiert gin.

Fir dat alles ze organiséieren huet den Komité sech 8 mol bei verschiddenen Entrevüen getraff. D'Associatioun zielt elo 503 Memberen vun deenen der verschiddener den zäitlech onageschränkten « Internet à grande vitesse » iwwer den Antennenkabel benotzen.

Aktuell sin hei zu Schieren am Ganzen 205 Fernsehs- an 124 Radiosprogrammer ze empfänken. Bei den Radiosprogrammer sin der 83 an digitaler Qualitéit an 41 UKW-Sender. Bei den TV-Programmer handelt et sech em 79 aus dem Buket « REALITY SACEM » (säit 2008) an 65 aus dem Buket « REALITY PLUS » (säit 2003). Dës 144 digital Programmer sin awer just mat Hëllef vun engem Digital-Decoder ze empfänken. Desweideren gin déi gewinnten 61 Programmer aus dem säit jeher bekannten analogen Angebot och weiderhin esou ugebueden, sou dass fir de Moment also kee Member forcéiert ass, sech een Reciever ze kafen. All Member kann also während deen nächste Joeren selwer bestëmmen, wéini hien op digital Technik wëllt wiesselen.

Bei den analogen Fernsehsender huet « Liberty TV » am July 2008 den Kontrakt gekënnegt, an den « NICK » ass mam « Comedy Central » zesummengaang. Déi Plazen sin an éischter Phase fräi bliwwen, fir spéider können den Pay-TV unzebidden.



Zu deem Thema ass och gläich op eng Presentatioun iwwer « digivision » higewisen gin, wou eng Invitatioun u sämtlech Haushalter gaang ass fir den « Kabel-Kiosk » virzestellen.

Informatiounen iwer d'Gemeinschaftsantenn sin um Site « www.schieren.org » oder um Info-Kanal vun der Ettelbrécker Antenn, wou eng Rubrik fir Schieren reservéiert ass, ze fannen. Regelmässeg gin och Neiegkeeten an der Schierener Lokalzeitung püblizéiert.

Dem Keesseberischt vum Jerr. KEMP zufollech hun d'Ausgaben duerch déi vill Investissiounen d'Recetten ëm € 26.676,29 iwwertraff. D'finanziell Situatioun kann trotzdem als gesond ugesi gin. D' Keessepréifer haten absolut keng Bedenken wat Féierung vun de Bicher an de Konten ugeet, sou dass d'Generalversammlung dem Tresorier an dem Verwaltungsrot Entlaaschtung gin huet an uschléissend en onverännerten Beitrag vun € 64,50 pro Semester guttgeheescht huet.

De Verwaltungsrot setzt sech folgendermoossen zesummen : Jerr. Kemp (President), Camille Herber (Vize-President), Carlos Goncalves (Sekretär), Léon Depuydt, Steve Lamborelle (Memberen), Christian a Roger Stelmes (Memberen an Techniker). Keessepréiffer bleiwen den Alain Bauler, Claude Graff an Raymond Schreiner.

A sengem Exposé huet duerno de President vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn Alain FEYPEL iwwer d'Erausfuerderungen an d'Méiglechkeeten geschwat fir engersäits attraktiv a rentabel an anerersäits konkurenzfäheg ze bleiwen géigeniwwer den kommerziellen Betrieber .

De Buergermeeschter Jos LUTGEN huet sech erfreet gewisen, dass d'Kotisatioun an den aktuellen Krisenzäiten onverännert bliwen ass an huet sech beim Verwaltungsrot vun der ACS fir hiren Asaz am Déngscht vun de Schierener Bierger bedankt.

De gemittleche Patt no der Generalversammlung, em deen sech op déi gewinnt gutt Art a Manéier d'Schierener Fraen a Mammen gekëmmert hun, huet den Owend ofgeronnt.

*Jerr. Kemp*



*V.l.n.r. : Roger Stelmes, Christian Stelmes, Jerr. Kemp, Léon Depuydt, Camille Herbert, Carlos Goncalves (et feelt Steve Lamborelle)*

## TURNVERÄIN

Turnveräin Schieren asbl

# INVITATIOUN

Un all Memberen a Frënn vum Turnveräin

# Summerfest

**Freides, den 19. Juli 2009**

an der Sporthall zu SCHIEREN vu 17 Auer un

Optrëtt vun eise Sektiounen :

- **ONS KANNER**
- **SELF DEFENSE**
- **MAMAN et BEBE**

**um 19.30 Auer CONCERT vun der Schierener Musek virun der Sportshal**

An der Cafeteria suerge mir wéi ëmmer dofir, dass Dir keen Honger a keen Duuscht leide musst.

*Merci am Viraus fir Äre Besuch !*

# GESANK

## Chorale Caecilia Schieren

De 24. Januar 2009 konnt de President Jos Zeimes de Norddeputéierten Charles Goerens, d' Vertrieder vum Piusverband an vun der UGDA, d'Vertrieder vum Schäffen- a Gemengerot, d'Vertrieder vun den Duerfveräiner an d'Memberen a Frënn vum Schierener Gesank op der 76.Generalversammlung begréissen.

Nodeem d'Josiane Scholer am Laf vum Joer no 5 Joer als Sekretärin zréck getruede war, huet de President och nach misste mat schwéierem Häerzen dem Jos Bormann seng Demissioun no 27 Joer Keessjee unhuelen. Leider huet och nach d'Viviane Storn bekannt ginn dat hat aus dem Comité zrécktriede wëllt, mä an der Persoun vum Margot Majerus war de President awer frou ee Remplassang fond ze hunn.

De Comité setzt sech folgendermoossen zesummen: Eiere-president: Jos Heintz, President: Jos Zeimes, Vizepresident: Jean-Paul Meisch, Sekretär: bleiwt nach ze besetzen, Keessjee: Maggy Meisch, Archivarin: Marga Blasius, Memberen: Eliane Giulioni, Margot Majerus, Jeannine Nickels, Francine Schaillié a Jules Wagener, Präses: den Här Paschtouer Romain Gillen.

Dirigent: Antonio Grosu

Organist : Marc Garson

Dirigent vum Kannerchouer: Ramona Tanase

Nom Tätigkeitsbericht, deen ënner anerem e vollen Erfolleg an alle Festivitéiten vum 75. Anniversaire opweise konnt, an dem Rapport vum Keessjee gouf dem President Jos Zeimes fir 20 Joer Engagement am Comité aus den Hänn vum UGDA Vertrieder, François Flies, dat gëllend Verdéngschtkräiz iwwerreecht. Des weideren goufen fir 50 Joer Aktivitéit de Jos Bormann an de Michel Gross mat dem sëlwer Uerden « Grand Duc Adolphe » ausgezeechent, während d'Aline Schroeder an d'Josiane Scholer mat der sëlwer Medaille fir 20 Joer dekoréiert goufen, krut den Antonio Grosu fir 10 Joer eng bronze Medaille iwwerreecht.

Fir de Jos Bormann an fir d'Josiane Scholer gouf et zudeem nach eng Goldplakette respektiv eng Sëlwermedaille aus den Hänn vum Vertrieder vum Piusverband, dem Här Jos Majerus.

Den Owend hu mir mat engem gudde Patt an engem klenge Maufel an eisem Proufsall gemittlech ausklenge gelooss.

Sonndes den 8. Februar 2009 hu mir eis "Kleng Kiermes" gefeiert. Fréier ass di grouss Kiermes ëmmer ëm Liichtmessdag gefeiert ginn. Laut Informatiounen war et deenen 14 Wirt aus dem Duerf awer am Wanter ze kal fir ze feieren an ze zirkuléieren, an duerfir ass d'Kiermes op Päischten verluecht ginn, ewou si och haut nach ass.








No der feierlecher Mass gesonge vun de Chorale Mierschent and Branebuerg-Laaschent hunn eis Dammen en dräistären Kiermesmenu zerwéiert an zesumme mat de Schierener an auswärtegen Gesangsfrënn hu mir all zesummen e puer gemittlech Stonne verbruecht. Fir d'Joer 2010 hu mir de Gesank vu Weimerskirch zu Gaascht.

Den 15. Mäerz hu mir zu Ierpeldeng am Alzheemer Heem ee Concert gesong, do wou eisen Eierepresident de Jos Heintz een zweet Doheem fonnt huet.

Eise Gesank war frou fir him an allen Awunner mat hire Familljemembere plus dem Personnal aus dem Heem durch eise Concert eng zefridden a gemittlech Stonn z´offréieren. Et huet dem Jos awer schons zelaang gedauert éiere mir ugefaangen hunn, an dorops hinn huet hien eis säint léiwste Lidd "Rossignol" vu vir bis hannen virgedroen. Bravo Jos. Et war eng Freed fir ze sangen. Esou bal


eng bekannte Melodie gesong ginn ass, hunn d'Leit all matgesongen an den Takt versicht matzeschloen.

Den Eierepresident huet perséinlech drop gehalen, dat de Gesank eppes z´iessen an ze drénken géng kréien. Hie mat senger Famill hunn eis mat Iessen verwinnt an d'Heem huet eng Coupe Schampes spendéiert. Merci fir den häerzleche Gest.

Esou Concerten wäerten an Zukunft all Joer op eisem Programm stoen.

Sonndes de 26. Abrëll huet eise Kannerchouer, ënnert der Leedung vun hirer dynamecher Dirigentin, dem Ramona, Kommuniounsmass gesongen. Mat Begeeschterung versti si zënter dem Joer 2007 dëst schéint Fest ze verschéineren a si kruten och dëst Joer vun alle Säite vill Komplimenter entgéint bruecht.






**E puer wichtig Datumer fir 2009:**

- Samschdes den 13. Juni sengt de Kannerchouer e Concert op der Mammendagsfeier vu Gaart an Heem
- Sonndes de 14. Juni sange mir mir moies um 9 Auer d'Radiosmass an eiser Kierch zu Schieren





# JUGEND

## ASAMMELEN VU KRESCHTBEEMERCHER

Dat neit Joer ass do, dat aalt scho laang vergiess, mee d'Iwwerreschter vum Fest a soumat och vum alen Joer stin nach ëmmer bei sëllechen Schierener Bierger an der Stuff, sprëch de Beemchen. Fir den Awunner di lästeg Affair vum Entsuergen ofzehuelen huet d' Schierener Jugend och dest Joer rem séng Krëschtbeemecherskollekt organiséiert an wi gewinnt hun rem vill Leit op desen prakteschen Service zréckgegraff. Laang Transportweeër woren dofir guer net néideg. Et ass am Fong duergaang, wann een säin Beemchen virun 2 Auer Mëttes op den Trottoir virun der Hausdier ofgeluegt huet. Zesummen mam Här Buergermeeschter Jos Lutgen huet sech dunn d' Schierener Jugend, a Gruppen opgedeelt, dem noleschen Problem ugeholl.

D' Beemercher goufen an Handaarbecht an all Strooss zesummengeraf an op den Traktor geluedеn deen wi all Joer vum Buergermeescher perséinlech gesteiert gouf. Dofir geet vun dëser Plaz aus e grousse Merci un den Här Jos Lutgen fir séng Mathëllef ouni déi des Traditioun wuel net bestoen kéint. Verbrannt goufen di sëleschen Beemercher dann um Gemengentipp „ Am Gapp“ wat wi di Joeren virdrun rem e Riesenspektakel wor. Natierlech ass sou eng Aktivitéit net ze verwirklechen ouni all di Persounen, di virun an hannert de Kulissen gehollef hun an dofir all de Memberen vum Club des Jeunes e groussen Merci souwéi all de Schierenener Leit, di eis ënnerstëtzt hun.







## VERKAF VUN OUSCHTEREEËR

Ouschteren steet nees virun der Dier a soumat huet den Ouschterhues nees all Patten voll ze din, fir di sëlleschen Ouschtereeër ze fierwen an ze verdeelen. Dofir huet, och dest Joer rem, d' Schierener Jugend dem Ouschterhues ënnert d'Äerem gegraff an him déi schwéier Aufgab ofgeholl. Bestellen konnt ee seng Ouschtereeër wéi gewinnt eng Woch am viraus iwwer Telefon. Freides virun Ouschteren goufen dann di Eeër, dest Joer rem iwwer 300 Stéck, an der Jugend gekacht, gefierwt an verpaakt fir dat se den aneren Dag rechtzäiteg bei de Leit op Ouschtersamsteg um Kaffisdësch stungen. Och dest Joer ass des Aktivitéit rem op vill Gehéier gestouss an sou konnten mer rem eng gutt 15 Heiser mat eisen Eeër beliwweren. Dofir soe mer op dëser Plaz all de Schierener e grousse Merci, déi bei eis hier Ouschtereeër bestallt hun an eise Verein soumat ënnerstëtzt hun an mer hoffen dat mer och di nächst Joeren op hir an op Är Mathëllef ziele kënnen.

# D'SCHOULKLASSEN

## 1. Schouljoer



3. Réi v.l.n.r. : Bodson Chrissy, Meireles Alexandre, Reding Roy, Spaus Laurent

2. Réi v.l.n.r. : Oliveira Gomes Tiago, Maghalaes Melinda, Latic Maida, Wolter Gil, Nowothny Philippe, Nunes Mendes Diogo

1. Réi v.l.n.r. : Ribeiro Alves Caroline, Dos Santos Gomes, Mohnen Mik, Nowothny Oliver, VanVerweke Noa, Schroeder Lynn, Martins Carvalho Diana.

Moien

Mir sinn dat 1. Schouljoer vu Schieren. Zu 18 (10 Jongen an 8 Meedercher) si mir eng wibblech Band an hu vill Spaass mateneen.


Am September hu mir bei der Joffer Giusy ugefaang mat liesen, schréiwen a rechnen an elo kënne mir dat scho ganz gutt.

Am 1. Schouljoer hu mir schon ganz vill flott Saachen erlieft, wéi dir dat héi op deene puer Fotoen kënnt gesinn :

*Mir léieren d‘ Lauttabel kennen:*







*D‘Fuesparty an der Schoul:*











*De Schoulsportdag:*





# 2. Schouljoer 2 A

Mir stellen eis vir

Mir sinn elo am 2. Schouljoer bei der Joffer Blanche, déi och eis Joffer am 1. Schouljoer war.



***Hei si mir bei der Schoul am Park.***

Déi ennescht Rei v.l.n.r. : Louis Rieth, Zoé Foeteler, Laura Santos Cruz, Elton Monteiro Mascarenhas, Fabio Guerra Alves, Jason Glover


Déi ewecht Rei v.l.n.r. : Samuel Leite Queiros, Joe Clement, Daniel Martins Oliveira, Jessica Alves Martinho, Sophie Rütze.

### *Am Februar war eis Fuesparty*

Do hu mir gedanzt, gesongen a flott Spiller gemeet.



### *Am Mäerz war eise Sportsdag*



Mir hunn de ganze Moien Sport gemeet. Fir d'éischt wäre mir a verschidde Sportsateliers an der Sportshal an dono si mir vill Ronnen zu Colmer an der Schwämm fir eise Molly-Pass geschwommen.

# 2. Schouljoer 2B

Mir stellen eis vir

Mir sinn elo am 2. Schouljoer, eise Schoulmeeschter ass den Här Pascal Hoffmann, déi och eis Joffer am 1. Schouljoer wär.



O. Reihe v.l.n.r. :
Garson Gene, Rodrigues Bruno, Arend David, NG Kai-Bong, Pereira de Sousa Fabio

U. Reihe v.l.n.r. :
Da Silva Abreu Nadine, Do Carmo Feliciano Alessia, Herrmann Laura

Eise Schoulmeeschter :
Hoffmann Pascal

# 3. Schouljoer 3 A






1. Reihe v.l.n.r. : Wirth Renée, Schillinger Marc, Pletschette Laura, Foeteler Noah, Doerfel Jerry

2. Reihe v.l.n.r. : Oliveira Tatiana, Wirén Nathalie, Mougadar Ayat, Humbert Luc, Garson Lara, Pereira de Sousa Joana, Silva Fortes Sébastien, Palmieri Gianvito

# 3. Schouljoer 3B





Hallo, mir stellen eis vir!

Mir sinn d' 3b vu Schieren.

Kathleen, Sara, Vicky, Lynn, Lisa an Armanda heeschen déi 6 Meedercher aus eiser Klass.

Déi 6 Bouwen, de Mathis, den Denny, de Yann, de Pol, de Jona an de Christophe kruten dëst Joer nach Verstäerkung vun 2 Neien, dem Lewin an dem Gabriel. Mä d'Meedercher loosse sech awer duerfir net ënnerkréien.

Zesummen hu si dëst Schouljoer mat der Joffer Diane schon vill geléiert an och vill erlieft. Si hu Geméiszopp an der Schoul gekacht, am Hierscht Äppel geraf a gepléckt an dorauser Viz gemaach.



Enn Oktober si si mat 2 aner Klassen an d'Drauwelies op d'Musel gefuer. Do konnte si selwer Drauwe plécken a frësch gepressten Drauwejus drénken.

Hmmm, d'Waasser leeft hinnen haut nach am Mond zesummen, sou gutt wor deen.

Am beschten huet hinnen awer hiren Ausfluch den 1. Abrëll (an dat ass keen Abrëllsgeck ☺) op Amnéville an d'Skihal gefall.

Do hu si sech gutt midd gemaach, well déi meescht vun hinne stongen na ni op de Ski. Mä zum Schluss konnte si alleguerten, déi eng méi lues, déi aner méi séier, de Bierg leng rof sausen.

Bis d'grouss Vakanz wäerte si nach vill zesummen ënnerhuelen.

Bis dohinn


# Schoulsportfest 2009

Am Donnerstag vor den Osterferien fand das alljährliche Schulsportfest unserer Schule in Schieren statt. Da unsere Klasse in dieser Woche keinen Schwimmunterricht hatte, durften wir, das heißt die Schüler der 5. Klasse, einige Spiele im Schulhof organisieren. Henri hatte ein Dartspiel mitgebracht und wir schossen eifrig auf die Zielscheibe. Die Lehrerin schrieb unsere Punkte auf. Wir verbesserten uns bei jedem Schuss.





Die Mädchen amüsierten sich danach toll beim Badminton in der Eingangshalle, denn draußen war zu viel Wind.



Nachdem wir noch einige lustige Ballspiele im Park durchgeführt hatten, durften wir in die Sporthalle gehen. Dort erwartete uns ein herzhaftes Sandwich und ein erfrischendes Getränk. Die süßen Apfel ließen wir uns auch gut schmecken. Dann konnten die Spiele in der Halle losgehen. Als erstes galt es so viele Tennisbälle wie möglich in Plastikbehälter zu schießen.



Auch Indiaka stand auf dem Programm.

Bei dieser Station mussten wir unsere Geschicklichkeit mit einem, zwei oder sogar drei Bällen beweisen. Wir mussten die Bälle zwischen 2 Stangen balancieren und dabei auch noch über eine Bank gehen. Das war totallustig.






Die Schüler aus der Butzeschoul fanden das Spiel auf der Matte toll. Diese wurde auf Bällen hin und hergeschoben und die Kleinen mussten die Balance oben auf der Matte behalten. Das war nicht so einfach.




Fussball durfte auch nicht fehlen.




Hier wurde Volleyball geübt. Manche bekamen den Ball nicht so leicht über das Band.






Wir haben uns toll auf diesem Schulsporttag amüsiert und bedanken uns herzlich bei allen freiwilligen Helfern und beim Schulpersonal.

*Die Schüler der 5. Klasse*

# AL SCHOULKLASSEN

1978-1979 Relevé des élèves:

| Numéro d'ordre | Année d'études | Nom et prénoms des élèves (à classer suivant les années d'études, par ordre ascendant) Laisser un blanc entre les différentes année d'études | Sexe × garçon | Sexe × fille | Confession | Naissance Lieu | Naissance Date | Résidence et (ou) Adresse exacte |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1. | 1 | Ansay Guy | x | | cath. | Ettelbruck | 9.4.72 | rue A. Peusch, Schieren |
| 2. | | Bartholmé Alain | x | | " | " | 25.8.72 | 68, rue de Schrondweiler |
| 3. | | Blasius Luc | x | | " | " | 18.6.72 | route de Luxembg |
| 4. | | Bormann Claude | x | | " | " | 23.3.72 | 6, rue J.P. Schuster |
| 5. | | Braun Jeanny | | x | " | Bad Wildun | 8.1.72 | 7, rue J.P. Schuster |
| 7. | | Ergen Isabelle | | x | " | Ettelbruck | 26.6.72 | 6, rue Verte |
| 8. | | Feipel Luc | x | | " | " | 18.5.72 | 9, rue J.P. Schuster |
| 9. | | Fonseca Antonio | x | | " | Covilliã (Port. | 23.4.71 | |
| 10. | | Garson Frank | x | | " | Luxembg | 3.5.72 | Gare Schieren |
| 11. | | Groben Marc | x | | " | Ettelbruck | 16.12.71 | 10, rue des champs |
| 12. | | Harding Mark | x | | protest. | | 14.1.71 | route de jardin[illegible] |
| 13. | | Harding Suzy | | x | protest. | Ettelbruck | 28.3.72 | 1 an de Gärden, Rosengar |
| 14. | | Hoffmann Sheba | | x | cath. | Nürnberg | 16.10.71 | route de Luxembg |
| 15. | | Jackmuth Sylvie | | x | " | Uerdingen RFA | 24.4.72 | 35, route de Schrondweile |
| 16. | | Kaell Francis Aaron | x | | " | Ettelbruck | 30.6.72 | 32, rue des Vergers |
| 17. | | Kayser Joë | x | | " | " | 20.5.72 | 33, route de Schrondweiler |
| 18. | | Mascote Pereira Maria Berta | | x | | Azambuja | 24.12.71 | 6, route de Stegen |
| 19. | | Ney Mike | x | | " | Luxembourg | 13.7.72 | 15, route de Stegen |
| 20. | | Petit Christiane | | x | | Ettelbruck | 4.10.72 | 87. route de Luxembourg |
| 21. | | Rauchs Peraz | x | | | Ettelbruck | 21.5.71 | 4, rue des champs |
| 22. | | Richter Aloyse | x | | | Luxembourg | 22.6.72 | ~~132, route de Luxembg.~~ 38, rue du Castel |
| 23. | | Rizzi Angela | | x | | Ettelbruck | 26.9.72 | 133, route de Luxembg |
| 24. | | Schreiner Fabienne | | x | | Ettelbruck | 7.7.72 | 16, rue des Vergers |
| 25. | | Simon Josy | x | | cath. | Ettelbruck | 24.5.72 | 18, rue du Castel |
| 26. | | Zimmer Frank | x | | " | Luxembourg | 28.8.72 | 64, rte de Schrondweil |
| 27 | | De Oliveira Robert | x | | " | Mont St Mo | 13.2.72 | 62 rue de Luxemb. |

1928-1929 **Schüler=**

| Laufende Nummer. | Name und Vorname des Kindes. | Konfession. | Datum der Geburt. | Geburtsort des Kindes. | Geburtsland. | Staatsangehörigkeit. | Schulpflichtig geworden zu Beginn des Schuljahres | Schulpflichtig bis zum | Alter am 1. November 1929 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | I. Schuljahr. | | | | | | | | |
| 1. | Bley Catherine | kath. | 20. 5. 22 | Schieren | Luxemb. | Luxbg. | 1928 | 1935 | 7. |
| 2. | Erpelding Anton | " | 27. 12. 19 | " | " | " | 1926 | 1933 | 9. |
| 3. | Fischbach Joh. Vict. | " | 14. 5. 22 | " | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 4. | Frères Hélène | " | 27. 10. 22 | Grevenmacher | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 5. | Glodt Léonie | " | 27. 3. 22 | Schieren | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 6. | Goerens Auguste | " | 12. 12. 21 | " | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 7. | Hennes Cécile | " | 26. 1. 22 | " | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 8. | Jacoby Léonie | " | 6. 4. 22 | " | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 9. | Lamesch Math. | " | 20. 3. 22 | Ettelbrück | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 10. | Mey Madelein | " | 13. 2. 22 | Schieren | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 11. | Reuter Léon. | " | 13. 10. 21 | " | " | " | 1927 | 1934 | 8. |
| 12. | Schmit Marie | " | 15. 9. 22 | Luxemburg | " | " | 1928 | 1935 | 7. |
| 13. | Junk Marie Anne | " | 28. 8. 22 | Grundhof | " | " | 1928 | 1935 | 7. |

1948-1949 **Liste**

| Numéro d'ordre | Noms et prénoms des enfants | Confession | Date de naissance | Lieu de naissance de l'enfant | Pays d'origine | Nationalité | Scolarité obligatoire: Commencement | Scolarité obligatoire: Fin | Age au 1er novembre 19 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Rommes Francy | cath. | 18.9.42 | Schieren | Luxemb. | lux | 48 | 56 | |
| | Schwachtgen Johny | " | 16.8.42 | " | " | " | 48 | 56 | |
| | Weber Léon | " | 4.10.42 | " | " | " | 48 | 56 | |
| | Jungels Margot (Valeria) | " | 16.4.42 | Ettelbruck | " | " | 48 | 56 | |
| | Reip Marianne | " | 6.12.41 | Ettelbruck | " | " | 48 | 56 | |
| | Scholer Sanny | " | 11.5.42 | Schieren | " | allem. | 48 | 56 | |
| | Esser Nicolas | " | 20.10.42 | " | " | lux | 48 | 56 | |
| | Haess Paul | " | 23.7.42 | Kehmen | " | " | 48 | 56 | |
| | Klein Aloyse | " | 8.5.42 | Ettelbruck | " | | 48 | 56 | |

# KULTURKOMMISSIOUN

## *Visite am Militärmusée*

Den 4ten Abrëll vun dësem Joer, hat d'Kultur a Sportskommissioun d'Awunner vu Schieren agelueden mat hinnen ënnert der Leedung vum Här Roland Gaul perséinlech, e klengen Ausflug an d'Vergangenheet, de Militärmusée op Dikrech ze maachen.

Dëse Musée ass derwäert besicht ze ginn, an et kann een do op dräi verschiddenen Nivauen eng emfangräich Sammlung vun Uniformen, Waffen, Transportmëttel, Artillerie, Munitioun, orginal Fotoen, nogestalten Szenen aus der «Rundstedtoffensiv» perséinlech Géigestänn vun amerikanischen an däitschen Zaldote gesinn.


Nach haut, 60 Joer no dësen trageschen Evenementer versiche Privatleit esougutt wéi méiglech dem Visiteur mat hiren Illustratiounen d'Wirklechkeet vun där Zäit an de Leidenswee vun de Lëtzebuerger, déi oft extreme Situatiounen ausgesat waren, méi no ze bréngen.

Donieft kritt een och nach een Abléck an d'Geschicht vun eiser lëtzebuerger Arméi.

Den Här Gaul hat sech vill Zäit fir eis geholl, a mir hunn eis duerch seng lieweg Erklärungen nit ee Moment gelangweilt an esou een interessanten Nomëtteg verbruecht.

De Militärmusée ass ganz secher eng Visite wäert an eise Respekt gëllt deene Leit déi sech hirginn datt d'Vergaangenheet och an Zukunft nit vergiess gëtt.

Christianne Reiter












# KONVENIAT VUM JOERGANG 1973-1974


Viru genee 30 Joer hu mir am September 1978 eis schoulesch Carrière zesummen am 1. Spillschoul zu Schieren ugefaang. Fir dëse Gebuertsdag gebührend ze feieren, hu mir eis um Fréijorsufank dëst Joer Rendez-Vous ginn zu Heischent an der Micro-Brauerei « Den Heischter ». Hei hu mir gewisen an erkläert kritt, wat an de Béier kënnt a wéi e gebraut gëtt, a mir hunn dierfen Hand uleeën, fir ee besonnesche « Cru » ze brauen. Natierlech gouf et hei och dee gudde Béier aus dem Naturpark Öewersauer ze schmaachen, a fir de Mo ze stäipen stoung e Plat vum Séi um Menü. Hei konnte mir Fotoe kucken, Erënnerungen austauschen an e ganz flotten Owend zesumme verbréngen. 24 Leit, dorënner 4 Léierinnen an 20 deemoleg Schüler, waren der Invitatioun vum Corinne Pick a vum Mireille Garson nokomm, a mir hunn eis versprach, net méi 30 Joer ze waarden, ier mir eis rëmgesi wäerten.








*Foto vum Konveniat*



1. Alcinda Lopes
2. Isabelle Schenten
3. Sandra Paris Lima
4. Tania Balthasar
5. Steve Marbes
6. Pascal Wagner
7. Michèle Meyer
8. Anni Giulioni
9. Joffer Geneviève Huss-Majeres
10. Corinne Pick
11. Abilio Ferreira
12. Joffer Léonie Plier-Meyers
13. Jacqueline Roma
14. Conny Szkolik
15. Fränk Rommes
16. Joffer Véronique Peiffer-Gengler
17. Georgette Batista
18. Gaby Theis
19. Joffer Elvire Decker-Marbach
20. Mireille Garson
21. Jacques Neuberg
22. Marlène Batista
23. Viviane Flammang
24. Marc Van Werweke
25. Norbert Tibessart
26. Patrick Neuberg
27. Sandra Vieira
28. Lucie Ferreira
29. Nathalie Girst
30. Georgette Peiffer
31. Maurice Krack

*Am 2. Schouljoer hu mir esou ausgesinn*





# LESERBRÉIF

## Een ale Schierener als neie Schrëftsteller

De Vic Fischbach, deenen ale Schierener nach e Begrëff, ass lo zu séngen alen Deeg ënnert d'Krimiauteuren gaang.

Hei eng kuerz Aleedung zum Buch vum Auteur selwer:

Zu Schieren, am „Haus am Härewee“, ass eng Fra erschoss an hirem Schlofzëmmer fonnt ginn.


Mord oder Selbstmord?

All Dieren an och d'Fënster vum Zëmmer ware fest vu bannen zou. Dat hat och d'Polizei festgestallt. Den Haaptkommissär Markus vun Ettelbréck gëtt sech nit, bis datt hien d'Wourecht fonnt huet. Spannung bis op di lescht Säit. (192 Säiten).

Präis vum Buch: 12,00 €

Fir d'Käschten vum Verschécken vum Buch ze spueren, kann een d'Buch an der Schierener Gemeng kréien!

Opgepasst: Vun all verkaafte Buch stëfft den Vic Fischbach 3 Euro fir di éischt 50 Bicher a 4 Euro fir all Bicher iwwer 50 un de Schierener Aarmebüro !




## D'Schierener Sprooch

Mir hu jo zënter enger Zäit sou eppes wéi eng Grammatik fir eis lëtzebuergesch Sprooch. Dobäi sollte mir forcéiert ginn, d'Spooch vun eisem Heemechsduerf opzeginn.

Et gi bestëmmte Regelen, déi awer anzehale sinn. Zum Beispill: wann op den a nëmmen ee Konsonant follegt, dat gëtt den a nit verduebelt. Et seet een: eng al Fra, een alen Auto, ee kale Wand. Awer, ech si gaangen, well do nom a zwéi Konsonante kommen.

Ech sinn mat däer neier Grammatik awer och nit honnertprozentesch averstanen., well se op ville Plazen onlogesch ass. Mir hu praktesch keen ö méi an eiser Sprooch, well deen duerch den e mam Trema ersat ass, also den ë. Lo gëtt den Dësch also mat dem ë geschriwwen, d'Wuert „sécher“ mat engem accent aigu. Dat versteet kee Mënsch: ech schreiwen durfir ëmmer „sëcher”. Een anert Beispill: mir schreiwen dëst Wuert mat w; Schreiwdësch soll awer mat f geschriwwe ginn. Dat ass rëm eng Utopie. An däer Utopien ginn et der nach méi.

Lo genuch iwwer déi nei Grammaire. Ech hunn am „De Louis“ nogebliedert, an du sinn ech op Wierder gestouss, déi nit sou zu Schieren gesot ginn. Ech well der hei nëmmen e puer opzielen: kee Schierener seet net, mir soen nit / mir soen Jaer an nit Joer / mir soen Freddeg an nit Freideg / mir soen schnedden an nit schneiden, mir soen eng Wedd an nit eng Weid, mir soen man an nit maachen…

Ech kënnt nach vill sou Beispiller opféieren, mee lo ass dat genuch!

Ech well hei keng Kritik ubrengen, mee, ech wier awer frou, wann eis Schierener Sprooch wedder géif geschriwwe ginn. Dobäi sollten och d'Grondregelen agehale ginn, a keng Akzenter gesat ginn, wou se näischt verluer hunn.

Mat ville Gréiss,

Een ale Schierener.

*Vic Fischbach*

---

NDLR: Ee grousse Merci deem ale Schierener fir des Kloerstellung, mee well d'Auteuren vun eisen Artikelen an der Majoritéit keng gebuere Schierener sinn, losse mir si sech an hirer Sproochweis ausdrécken

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2009
# JUNI BIS SEPTEMBER

| DATE | | GENRE | SOCIETE |
|---|---|---|---|
| **Juni** | | | |
| Samschdeg | 06.06.09 | Nitebasket | Basket |
| Samschdeg | 13.06.09 | Mammendagsfeier | Gaart an Heem |
| Sonndeg | 14.06.09 | Radiosmass, Härläichendag | Chorale, Pargemeinschaft |
| Dënschdeg | 23.06.09 | Nationalfeierdag | Gemeng an d'Veräiner |
| Mëttwoch | 24.06.09 | Grillfest | Frënn vum 3. Alter |
| **Juli** | | | |
| Freideg | 03.07.09 | Generalversammlung | Football |
| Samschdeg | 04.07.09 | Summerfest Quizowend | Musek |
| Sonndeg | 05.07.09 | Summerfest | Musek |
| Freideg | 10.07.09 | Generalversammlung | Basket |
| Samschdeg | 11.07.09 | Nuetsrallye | Jugend |
| **August** | | | |
| Samschdeg | 15.08.09 | Léiffrawëschdag | Gaart an Heem |
| **September** | | | |
| Mo-Fr | 07. - 11.09.09 | MKD Atelieren | Nordstadtjugend |
| Samschdeg | 12.09.09 | Turnéier | Basket |
| Sonndeg | 13.09.09 | Turnéier | Basket |
| Sonndeg | 13.09.09 | Pouletsfest | Pompjeeën |
| Mëttwoch | 16.09.09 | Generalversammlung | Turnveräin |
| Samschdeg | 19.09.09 | Quetschefest | Gaart an Heem |
| Donneschdeg | 30.05.09 | Sportler an Biergeréierung | Kultur a Sportskommissioun |

*Source: Agenda 2009 vun der Kultur a Sportskommissioun*

